

Gender & Diversity4Kids.

Exemples d'activités réalisées par les Maisons Relais de la Ville d'Esch-sur-Alzette



ma ville, ma vie



“The secret of good teaching is to regard the child’s intelligence as a fertile field in which seeds may be sown, to grow under the heat of flaming imagination. Our aim therefore is not merely to make the child understand, and still less to force him to memorize, but so to touch his imagination as to enthuse him to his inmost core.”

Maria Montessori

4

Sommaire

06	Introduction
08	Maison Relais Brill 1 - Männer a Fraen an der Beruffswelt
10	I. Geschlechtlech Stereotypen ofbauen
14	II. Heekele fir Meedercher a Jongen
18	Maison Relais Brill 2
20	I. Echange intergénérationnel - Kanner an eeler Leit
24	Maison Relais Brouch (Lux)
26	I. Meeting Diversity - Vivre l'intégration
34	II. Fraen a Männer zu Lëtzebuerg - Eng Zäitrees duerch Lëtzebuerg
38	Maison Relais Jean-Jaurès (Lux)
40	I. Eng Rees ronderëm - De Bléck erweideren an Diversitéit entdecken
44	Maison Relais Lallange (Lux)
46	I. Wéi fillen ech mech haut? - E Stëmmungsbarometer fir Grouss a Kleng
50	II. Kanns du mir weisen, wéi dat geet? - Thematesch an altersgemëschten Atelier- ren, wou d'Kanner vunenee léiere kënnen
54	MRE Spillhaus, Park Laval (Lux)
56	I. Wat ënnerscheet eis? Wat hu mir gemeinsam? - Diversitéit entdecken a verstoen
60	II. Aus wéi enger Famill kënnst du? - Villfältegkeet innerhalb vun de Familljen
64	Maison Relais Léon Jouhaux (Lux)
66	I. Boys day, girls day - Traditionell typesch Beruffer fir Männer a Fraen a Fro stellen
70	Maison Relais Nonnewisen (Lux)
72	I. Regenbogenfamilie - Märchenreise
78	Maison Relais Papillon (Lux)
80	I. Holz? Wat kann een dann domadde maachen? - Schräinerei-Ateliere fir béid Geschlechter
84	II. Football for all - Fussballsturnéier tëscht den Escher Maison Relaisen

88	Maison Relais Brill 1 (Fr) - Hommes et femmes dans la vie professionnelle
90	I. Déconstruire les stéréotypes de genre I
94	II. Crocheter pour filles et garçons
98	Maison Relais Brill 2 (Fr)
100	I. Echange intergénérationnel -Enfants et personnes âgées se rencontrent
104	Maison Relais Brouch (Fr)
106	I. Meeting Diversity - Vivre l'intégration
114	II. Femmes et hommes au Luxembourg - Un voyage dans le temps à travers le Luxembourg
118	Maison Relais Jean-Jaurès (Fr)
120	I. Un voyage autour du monde - A la découverte de la diversité dans le monde
124	Maison Relais Lallange (Fr)
126	I. Comment je me sens aujourd'hui? - Baromètre de l'humeur pour petits et grands
130	II. Est-ce que tu peux me montrer comment faire ? - Ateliers thématiques mixtes d'éducation par les pairs
134	MRE Spillhaus, Park Laval (Fr)
136	I. Qu'est-ce qui nous différencie ? Qu'est-ce que nous avons en commun? -
142	Découvrir et comprendre la diversité
140	II. De quelle famille viens-tu ? - La diversité dans les familles
144	Maison Relais Léon Jouhaux (Fr)
146	I. Boys day, girls day - Remise en question des métiers « typiquement » féminins ou masculins
150	Maison Relais Nonnewisen (Fr)
152	I. Famille arc-en-ciel - Conte de fées
158	Maison Relais Papillon (Fr)
160	I. Que peut-on faire avec du bois? - Atelier de menuiserie pour filles et garçons
164	II. Football for all - Tournoi de football des maisons relais d'Esch-sur-Alzette
	Diversity & Dialogue / 4motion
171	Porteurs du projet

Introduction

Nombreux sont ceux et celles qui pensent que les inégalités entre hommes et femmes ne sont plus d'actualité ou qu'elles ont presque disparu aujourd'hui sous l'effet de la législation. Mais l'égalité entre hommes et femmes est liée aussi aux représentations des rôles féminins et masculins qui sont un des facteurs de socialisation les plus importants pour les individus, et ceci dès leur enfance. Nous sommes toutes et tous porteuses et porteurs de stéréotypes et de préjugés sur le genre, sur l'origine culturelle ou sociale ou sur les capacités d'une personne et, les Maisons Relais n'échappent pas à ce phénomène. A travers les jouets, les livres, les couleurs, les activités, les interactions du personnel éducatif ou des parents, les idées reçues sur le genre ou les attentes sociétales concernant les rôles masculins et féminins, le corps, l'orientation sexuelle ou l'identité de genre sont reproduites, souvent d'une manière involontaire. A côté du genre, le personnel pédagogique des Maisons Relais doit tenir également compte des autres aspects qui représentent la diversité des enfants : entre autres, de leur origine culturelle et sociale, de leurs capacités et de leurs potentialités physiques et psychiques ou de leur âge.

L'enfant et le développement de sa personnalité se trouvent donc au centre d'une telle approche pédagogique. Pour cela, le personnel socio-éducatif des Maisons Relais a pour mission de :

- soutenir l'enfant dans le développement de ses intérêts, de l'expression de ses besoins et de ses compétences et dans l'épanouissement de ses ressources individuelles, et ceci indépendamment de son genre, de son origine culturelle ou sociale, de ses capacités et aisances physiques et psychiques et de son âge ;
- encourager et accompagner l'enfant dans la découverte et l'expérimentation de compétences et de centres d'intérêts nouveaux, inconnus ou « atypiques », surtout pour son genre, mais pas exclusivement ;
- soutenir l'enfant dans le développement de ses compétences sociales, en mettant l'accent sur ses compétences de gestion de la diversité.

Etant donné le rôle clé du personnel pédagogique dans la mise en œuvre de ces objectifs, la Ville d'Esch-sur-Alzette a offert des formations spécifiques au personnel pédagogique des Maisons Relais : Gender4Kids, Gender-Diversity Management. L'objectif de la formation Gender4Kids était de sensibiliser le personnel pédagogique des Maisons Relais à l'égalité des chances et à la pédagogie du genre et, à leur apporter des outils théoriques et pratiques dans une démarche sensible aux questions du genre et de la diversité. La formation Gender-Diversity Management visait à donner aux chargé-e-s de direction des Maisons Relais les instruments pour mettre en place à tous les niveaux de l'organisation une stratégie avec des objectifs et des mesures correspondantes, prenant en compte le genre et la diversité des enfants et de leurs parents, ainsi que celui du personnel de la structure d'accueil. Tout le personnel pédagogique des Maisons Relais de la Ville d'Esch-sur-Alzette a participé, entre octobre 2012 et décembre 2014 aux deux parcours de formation proposés par 4motion a.s.b.l. et par Diversity&Dialogue.

Des ateliers de sensibilisation concernant l'intégration des aspects de genre et de diversité dans les budgets des Maisons Relais de la Ville d'Esch-sur-Alzette ont été organisés en 2009 et 2010, dans le cadre de l'introduction du processus du Gender Budgeting. Lors de ces ateliers de sensibilisation, la nécessité de former le personnel des Maisons Relais à la pédagogie sensible au genre a été reconnue. Une telle formation n'existant pas au Luxembourg, les Villes de Dudelange et d'Esch-sur-Alzette et les communes de Bettembourg, de Differdange et de Hesperange ont initié et financé le développement de la formation Gender4Kids, qui a été confiée à 4motion a.s.b.l. en 2011. La formation et l'introduction de l'approche sensible au genre et à la diversité dans le concept pédagogique des Maisons Relais sont également prévues par le plan d'action communal pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale de la Ville d'Esch-sur-Alzette, approuvé par le conseil communal en mars 2011, qui transpose la Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale sur le terrain.

A l'issue de ces formations, une approche sensible au genre et à la diversité a été intégrée dans le concept pédagogique des Maisons Relais gérées par la ville, et le manuel « Gender-Diversity Management. Praktische Anleitung für die Maisons Relais in Esch-sur-Alzette » a été élaboré en collaboration avec 4motion a.s.b.l., Diversity&Dialogue et les Maisons Relais. Ce manuel est un instrument de travail qui décrit les étapes et les lignes directrices de la mise en place d'une telle approche pédagogique.

La Ville d'Esch-sur-Alzette a été récompensée par le Diversity Award Lëtzebuerg 2015 pour avoir initié et encouragé cette pratique.

Le présent document « Gender-Diversity4Kids. Exemples d'activités réalisées par les Maisons Relais de la Ville d'Esch-sur-Alzette », présente des projets mis en place par les différentes Maisons Relais de la ville.

Nous vous souhaitons bonne lecture et espérons que les exemples concrets d'activités réalisées pourront trouver votre intérêt.

Les chargé-e-s de direction des Maisons Relais de la Ville d'Esch-sur-Alzette
 Arani Martine – Azenha Cindy – Biver Christophe – Block Manon – Da Silva Elisabete – Franck Anouk – Koster Tessy – Marques Sylvia – Meisenburg Claudine – Nickels Sandrine – Peiffer Siri – Vitali Sandy

Versioun op
Lëtzebuergeresch



Maison Relais Brill 1

Maison Relais Brill 1
69, rue Zénon Bernard
L-4031 Esch/Uelzecht

Chargée
• Tessy Koster

**Personal
Edukativ Equipe**
• 1 Mann
Erzéier (Lëtzebuerger)

• 7 Fraen
1 Sozialpädagogin (Lëtzebuergerin)
3 Erzéierinnen (Lëtzebuergerinnen)
3 Agents socio-éducatifs (2 Lëtzebuergerinnen an 1 Spuenierin)

Botzpersonal
• 2 Fraen
2 Agents d'entretien (1 Lëtzebuergerin an 1 Kapverdianerin)

Zuel Kanner, déi an der MRE ugemellt sinn:

Total Jongen	36	Total Meedercher	35
Franséisch	02		00
Italienesch	00		01
Kamerunesch	01		00
Kapverdianesch	03		02
Lëtzebuergeresch	10		09
Portugisesch	20		23

Männer a Fraen an der Berufswelt

I. Geschlechtlech Stereotypen ofbauen



Themen:

Chancëgläichheet tëscht Fraen a Männer; Diskriminéierung, déi op dem Geschlecht baséiert, spezifesch an der Berufswelt, Ofbau vu Genderstereotypen

8+

Alter vun de Kanner:

8 bis 10 Joer



Persounen, déi um Projet geschafft hunn:

Eng Erzéierin an een Agent socio-éducatif



Material:

Thematesch Kannerzäitschrëften, Bastelmaterial (Schéieren, Pech, DIN-A3-Blieder fir d'Plakater etc.)

Beschreiwung:

An dësem Projet ass et drëms gaangen, typesch an atypesch Beruffer vu Männer a Fraen souwéi déi ënnerschwellig Viruerteeler géintwärt béide Geschlechter ze thematiséieren. Heifir hu mir verschidden Aktivitéite gemaach: Gespréichsronne gefouert ronderëm d'Thema a Plakater gebastelt.



Zil(er):

- D'Kanner motivéieren, sech an hirer Berufswiel net vu Stereotypen a Viruerteeler beaflossen ze loossen
- Oppenheet, an anere Wieder eng Attitude ouni Jugement vis-à-vis vu Männer a Fraen, déi en "ontypesche" Beruff hunn, fërderen
- Chancëgläichheet tëscht béide Geschlechter fërderen

Virbereedung:

Éier mir de Projet ëmsetze konnten, hu mir eis missten decidéieren, op wéi engen Nomëtter mir de Projet ëmsetze respektiv déi verschidden Aktivitéite mat de Kanner maache géifen. Mir hunn eis och am Viraus iwwerluecht, wéi eng Zäitschrëfte mir fir d'Bastelaktivitéit géingen huelen. Et war ausserdeem och wichteg, sech mol bewusst ze sinn, dass mir all Stereotypen a Viruerteeler iwwert béid Geschlechter droen, an dann dës och ze erkennen, fir se duerno kënnen ofzebauen. Als Rollebiller fir d'Kanner sinn dës Froestellungen iwwert eis eege Viruerteeler wichteg, fir dass mir net ongewollt Kanner an e spezifesch Rollebild drécken.

Oflaf:

1. D'Erschaffe vum Projet

D'Iddi fir de Projet ass spontan opkomm, well een awer dacks esou Gespréichsfatzen opfängt wéi: Nee, ech sinn dach kee Meedchen/Jong ... Eis Kanner kommen haaptsächlech aus Länner, wou dat klasescht Familljebild nach vill méi präsent ass, wou d'Fra doheem de Stot mécht an no de Kanner kuckt, während de Mann no der (haarder, kierperlecher) Aarbecht nach an de Café geet. Och d'Meedercher ginn nach ganz oft an déi Richtung erzunn. A si kréien esouguer nach gesot, dass hir schoulesch Bildung net esou wichteg wier, d'Mamm ass jo schliisslech och Botzfra, firwat soll dat dann net duergoen ...? Zum Gléck hält dat awer of. Den Agent socio-éducatif aus dem Grupp huet also spontan decidéiert, eng Aktivitéit zu dësem Thema ze maachen.

2. Erzielkrees, wou iwwert d'Thema geschwat ginn ass

Bei dësem Erzielkrees hu mir d'Kanner gefrot, eis typesch Fraenaarbechten an typesch Männernaarbechten ze nennen, a mir hunn d'Grënn dofir geziilt hannerfrot.

3. Am Grupp mat de Kanner Biller aus Zäitschrëften eraussichen

No där éischter Gespréichsronn mat de Kanner hu mir da mat hinnen Zäitschrëfte geholl a Biller vu Männer a Fraen erausgeschnidden, déi en atypesche Beruff praktizéieren. Zousätzlech zu dësen Biller hu mir si och nach gefrot, all Biller vu Kanner oder Erwuessener erauszueschnidden, déi an hiren Aen ongewinnt si fir béid Geschlechter. Biller vu Jongen, déi mat Poppe spillen, oder Meedercher, déi Holz schläifen, sinn dann och nach ausgeschnidde gi vun de Kanner. Dës hunn si dann nach weider doheem mat den Eltere gemaach an d'Biller da mat an d'Maison Relais bruecht.

4. Plakater bastelen

An dëser Etapp hu mir d'Biller, déi d'Kanner mat eis an doheem mat den Elteren erausgeschnidden hunn, zesumme gesammelt an se jeweils no Geschlecht op 2 grouss Plakater gepecht. Déi fäerdeg Plakater sinn duerno am Vestiaire opgehaange ginn, wou déi aner Kanner an d'Elteren och Accès hunn, an esou gouf d'Visibilitéit vum Projet geschafft.



Dauer:
Virbereedung an Ëmsetzung

Mir hu fir dëse Projet am Ganze 6 Stonne gebraucht, dovunner eng knapps hallef Stonn fir d'Virbereedung. De Rescht vun der Zäit war fir d'Duerchféierung, opgedeelt op déi puer Deeg, wou keng aner Aktivitéite wéi LASEP oder Hausaufgabebegleitung waren.



Impakt
Visibilitéit vum Projet:

D'Eltere vun de Kanner, déi bei dësem Projet matgemaach hunn, goufe vun eis iwwert de Projet informéiert a gefrot, mat de Kanner nach weider Fotoe respektiv Biller ze sichen, fir déi dann op e Plakat ze pechen. Fir déi aner Eltere war de Projet duerch d'Ophänke vun de Plakater visibel gemaach. Mir haten d'Plakater beim Vestiaire opgehaangen, well d'Elteren do laanscht ginn, wann se hir Kanner siche kommen.

Aschätzung vum Projet:

Aschätzung vun de Kanner

Et huet een zum Deel gemierkt, dass d'Kanner staark vu Stereotype geprägt waren. Si hunn zum Beispill Jonge mat laangen Hoer, déi se op Biller oder sou viru sech gesinn hunn, ausgelaacht: "Oh nee! Kuck, dee gesäit aus wéi e Meedchen!", "Dat ass dach net fir e Jong!" Et war fir si wichteg, e reelle Beweis ze hunn, an dësem Fall Fotoen, duerch déi dës Klischeeën a Fro gestallt goufen. Eréischt da war et fir si verständlech, dass déi Geschlechterrollen arbiträr sinn an dass se dofir net brauchen esou steif gesinn ze ginn.

Aschätzung vum Personal

Et ass eis duerch dëse Projet mol eng Kéier richtig bewusst ginn, wéivill d'Kanner eigentlech vun hirem Ëmfeld geprägt ginn. Mir waren awer och positiv iwwerrascht ze gesinn, dass d'Kanner sech awer séier ëmgestallt kréien an Oppenheet géintwärt "anescht sinn" weisen.



Festgestallten Impakt:

Mir hunn un de Kanner hirem Behuelen erkannt, dass mir eis Ziler erreecht haten. Si hunn, trotz Schwierigkeeten am Ufank, verstanen, dass si net mussen e Beruff maachen, deen si als typesch fir hirt Geschlecht emfannen, mee dass si fräi sinn ze wielen, wat si als Beruff spéiderhi wëlle maachen. Et kann een an der Lescht och emol Gespréicher erliewen iwwert aner Stereotypen, wéi z.B. eng Diskussioun iwwer Faarwen: Deen ee Jong freet en aneren: "Hues du rosa gär?" Deen äntwert spontan: "Nee, ech si jo kee Meedchen." Doropshin huet direkt en anere Bouf reagiert: "Rosa ass dach net nëmme fir Meedercher. Et ass dach nëmme eng Faarf!"

Zuel Kanner an Erwuessener, déi duerch de Projet getraff gi sinn

Kanner- 20 Kanner

Erwuessener (Eltere souwéi Personal an extern Partner) - 2 Persounen aus eiser Equipe



II. Heekele fir Meedercher a Jongen



Themen:

Diskriminatioun op Basis vum Geschlecht,
Geschlechterstereotypen a Viruerteeler ofbauen

8+

Alter vun de Kanner:

8 bis 13 Joer



Persounen, déi um Projet geschafft hunn:

1 Erzéierin
1 Agent socio-éducatif
1 Remplaçante (och en Agent socio-éducatif), déi dem
Personal an de Kanner d'Heekele bäibuecht huet



Material:

Material fir ze heekelen
(Woll, Crochetten,
Bicher mat
Motivvirschléi)

Beschreibung:

Fir de Basar, dee mir dëst Joer organiséiert hunn, hu mir mat all de Kanner vun der Maison Relais verschidde Saache geheekelt: vu Poschen iwwer Monstere bis zu Eilen. Déi Saache sinn dann um Basar verkaaft ginn.



Zil(er):

- D'Kanner léiere mat neiem Material schaffen: Entwécklung vu motoresche Kompetenzen an neit praktescht Wësse meeschteren
- De Kanner hiert Vertrauen an hiert Selbstwäertgefill gi gestärkt doduerch, dass se selwer entscheede konnten, wat si heekele wëllten
- D'Kanner léiere mat Frustratioun ëmgoen
- D'Gedold an d'Ausdauer vun de Kanner ginn entwéckelt (well si eppes Neies léieren, erliewen si och frustréierend Situatiounen, déi se da léieren ze geréieren an ze iwwerwannen, andeems se Gedold an Ausdauer léieren)
- D'Kanner léieren, déi aner sou ze akzeptéieren, wéi se sinn

Virbereedung:

Bei dësem Projet huet ee missen domadder rechnen, dass d'Jonge vläit guer net motivéiert sinn, matzemaachen, an ee sech misst Taktiken iwwerleeën, fir se motivéiert ze kréien.

Et war natierlech och vu Virdeel, dass ee vum Personal schonn heekele konnt, an doduerch konnten aner Erzéier d'Heekele léieren, éier se et dann de Kanner selwer gewisen an erkläert hunn.

Ofaf:

1. D'Aktivitéit gouf vun enger Remplaçante proposéiert, déi zu där Zäit am Haus war, an esouwuel d'Personal wéi och d'Kanner hunn, nodeems si e Beispill gesinn hunn, déi Iddi ugeholl.

2. Éier mir mat de Kanner geheekelt hunn, huet d'Personal selwer geléiert ze heekelen. Dozou hu mir d'Kompetenze vun eiser Remplaçante genotzt, dat schonn heekele konnt. Hatt huet eis also gewisen, wéi een heekelt.

3. An där nächster Phas vum Projet hu mir da mat de Kanner zesumme geheekelt. D'Kanner sinn dofir an 3 Gruppen agedeelt ginn. Hei war et eis wichteg, dass d'Kanner selwer bestëmme kënnen, wat si heekele wëllen. Mir hunn si einfach gefrot, wat si heekele wollten, an hunn da mat der Remplaçante gekuckt, wéi mir dat mat de Kanner ëmsetze kéinten.

4. D'Heekelaarbechte vun de Kanner sinn dann um Wanterbasar, dee mir zanter 2 Joer organiséieren, verkaaft ginn.

**Dauer:****Virbereedung an Ëmsetzung**

De Projet huet ongeféier 2 Méint an Usproch geholl, vum Kafe vum Material iwwert d'Ulérieure vum Personal bis bei d'Heekele mat de Kanner. Et konnt just dru geschafft ginn, wa keng aner Aktivitéite wéi LASEP oder Hausaufgabebegleedung waren. Déi geheekelt Saache sinn herno um Wanterbasar verkaaft ginn.

**Impakt****Visibilitéit vum Projet:**

De Projet ass haaptsächlech siichtbar gemaach ginn doduerch, dass d'Kanner nach amgaange waren ze heekelen, wann d'Eltere si siche komm sinn. Si hunn dann och ganz stolz gewisen, wat si scho fäerdegruecht haten. Duerno hunn d'Elteren d'Saachen all um Basar gesinn a waren och erstaunt doriwwer.

Aschätzung vum Projet:**Aschätzung vun de Kanner**

En éischten Interessi vun de Kanner koum schonn, wéi si gesinn hunn, wéi d'Personal selwer geléiert huet ze heekelen. D'Kanner hunn eis gesinn heekelen a wollten et dunn direkt och selwer probéieren. Verschidde Jongen hu gesot, si wéilten eng Posch oder souguer eng Popp heekele fir hir Schwëster(en). Si waren immens frou a motivéiert, wéi hir Heekelaarbecht lues a lues Gestalt ugeholl huet an een erkenne konnt, wat et géing ginn.

Aschätzung vum Personal

D'Personal war am Allgemengen erstaunt iwwert d'Motivatioun an d'Ausdauer vun de Kanner an och, dass vill Kanner geziilt fir hir Geschwëster eppes heekele wollten.

Festgestallten Impakt:

Bei eis an der Grupp gëtt generell d'Thema Diskriminatioun (all Typ vun Diskriminatioun) oft ugeschwat. Mir leeë vill Wäert drop, dass d'Kanner souwéi d'Personal op aner Kanner an Erwuessener mat Respekt zouginn. Mir schwätzen d'Kanner oft dodrop un an erklären hinnen, wisou et wichteg ass, hir Matmënschen ze respektéieren an ze akzeptéieren, wéi si sinn. Mir schwätzen si dann och op hir eege Gefiller un a froen si, wéi si sech dobäi fille géingen, wann aner Kanner de Geck mat hinne maachen oder se auslaache géingen.

D'Kanner ginn doduerch schonn zimlech oppe mat "aneschters sinn" ëm. Wa mir zum Beispill d'Guinnessbuch vun de Rekorder mat hinnen duerchbläiden, mierkt een oft un hire Reaktiounen, dass si et bewonneren, wann eng Fra vill Muskelen huet oder e Mann gutt danzt. Mir gesinn awer och un anere Reaktiounen, déi se géintwärtig vun hire Komeroden hunn, dass d'Zil erreecht ginn ass. Zum Beispill war e Jong an eiser Grupp doriwwer erstaunt, dass en anere Jong aus der Grupp bitze konnt: "Cool! Hie ka jo bitzen!" Am grouse Ganze géinge mir awer soen, dass dësse Projet eng logesch Erweiterung war vun der Sensibiliséierungsarbeit, déi mir am Alldag scho mat de Kanner maachen, an dofir ass et och schwéier, de spezifischen Impakt vum Projet ze moossen.

Zuel Kanner an Erwuessener, déi duerch de Projet getraff gi sinn:**Kanner**

Tëscht 12 an 18 Kanner

Erwuessener (Eltere souwéi Personal an extern Partner)

10 Elterendeeler an déi 3 Persounen aus eiser Equipe, déi um Projet geschafft hunn



Maison Relais Brill 2
Rue Pierre Claude
L - 4063 Esch/Uelzecht



Chargée
• Anouk Frank

Personal
Edukativ Equipe
• 9 Fraen
1 Sozialpädagogin (Lëtzebuergerin)
4 Erzéierinnen (3 Lëtzebuergerinnen, 1 Lëtzebuergerin-Portugisin)
4 Agents socio-éducatifs (Lëtzebuergerinnen)
• 2 Männer
1 Erzéier (Lëtzebuerger)
1 Agent socio-éducatif (Lëtzebuerger)

Botzpersonal
• 1 Fra an 1 Mann
2 Agents d'entretien (allen 2 Lëtzebuerger)

Zuel Kanner, déi an der MRE ugemellt sinn:

Total Jongen	41	Total Meedercher	49
Brasilianesch	00		01
Congolesesch	00		02
Franséisch	00		02
Lëtzebuergesch	12		17
Montenegrinesch	01		01
Kapverdianesch	01		01
Portugisesch	27		25

Echange intergénérationnel

I. Kanner an eeler Leit



Themen:

Viruerteeler an Diskriminéierung op Basis vum Alter

Alter vun de Kanner:

8+ 8 bis 10 Joer

Persounen, déi um Projet geschafft hunn:

5 Persounen aus eiser Erzéierequipe hunn um Projet matgeschafft, dovunner sinn der 4 ErzéierInnen an 1 Agent socio-éducatif.

Fir deen heite Projet hu mir och mat engem externe Partner zesumme geschafft, dem Foyer de jour Alzheimer.



Material:

D'Material, dat fir dëse Projet gebraucht gëtt, hänkt vun der Aktivitéit of, déi mat deenen zwou Altersgruppe gemaach gëtt.

Beschreibung:

Ëmmer manner Kanner hu Kontakt mat eelere Leit respektiv mat hire Grousselteren, oft well dës am Ausland sinn. Aus deene Grënn wollt mir de Kanner Geleeënheet ginn, Kontakt mat anere Bopien a Bopien ze kréien, an hunn e Projet an Zesummenaarbecht mam Foyer de l'Espérance (Foyer de jour Alzheimer) ëmgësat, wou déi zwou Altersgruppen Zäit matenee verbréngen an zesumme schaffen konnten.



Zil(er):

- Respekt léiere vis-à-vis vun eelere Leit
- D'Toleranz vun de Kanner entwéckelen
- Feinmotorik a Grobmotorik duerch déi verschidden Aktivitéite fërderen
- D'Kanner léieren, hir Ängschte vis-à-vis vun eelere Leit ze verstoen an ofzebauen
- Den Zesummenhalt fërderen: D'Kanner léieren, dass déi eeler Leit net ëmmer alles kënnen an et flott ass, wann een sech géigesäiteg hëllef kann
- D'Kanner erkenne verschidde Liewenssituatiounen, déi an dësem Fall vum Alter ofhänken: Kanner wunne bei hiren Elteren am Géigesaz zu eelere Leit, déi oft an engem Altersheem wunnen.

Virbereedung:

Als alleréisch hu mir an dësem Projet mam Foyer de jour Kontakt ophuele missten, fir iwwert eng Zesummenaarbecht zesummen ze decidéieren. Wéi dat bis gekläert war, hu mir da regelméisseg déi opkommend Aktivitéite virbereet, dës ëmmer an Zesummenaarbecht mat der edukativer Equipe vum Foyer. D'Erausforderungen, déi mir hei haten, waren haaptsächlech, en Datum an eng Zäit ze fannen, déi alle Bedeelegte gepasst hunn, souwéi Aktivitéiten ze fannen, déi pädagogesch Ziler fir déi zwou Altersstufen abanne sollten.

Oflaf:

An der éischter Phas vum Projet hu mir Kontakt mat de Responsable vum Foyer opgeholl, fir mat hinnen iwwert eng eventuell Zesummenaarbecht ze schwätzen.

Duerno hu mir innerhalb vun eiser Equipe driwwer geschwat an decidéiert, wien sech um Projet bedeelege géing.

No den éischte Gespréicher mam Foyer an innerhalb vun eisem Personal hu mir dann zesummen Datummer uitgemaach an Aktivitéiten ausgeschafft.

Éier d'Kanner an déi eeler Leit zesummen Aktivitéite gemaach hunn, hu mir fir d'éischt eng Kenneléierronn mat hinnen alleguete gemaach. Sou hunn se sech konnte kenneléieren an sech unenee winnen. Duerno sinn dann Aktivitéiten a verschiddenen Zäitspane gemaach ginn. Dertëscht hate mir e regelméisseg Austausch mam edukative Personal vum Foyer, woubäi mir déi nächst Aktivitéite beschwat a mat hinne festgehalten hunn.

**Dauer:****Virbereedung an Ëmsetzung**

Dëse Projet leeft elo scho säit 4 Joer. Déi néideg Zäit, déi mir brauchen, fir d'Treffen tëscht deenen zwou Altersgruppen ze plangen, hänkt vun der Aktivitéit of, déi mir decidéieren ze maachen. D'Virbereedung kann also vun e puer Stonnen iwwert e puer Deeg daueren, wa mir zum Beispill extra Materiel besuerge müssen.

**Impakt****Visibilitéit vum Projet:**

De Projet ass an Elteregesprécher ugeschwat a virgestallt ginn. Mir hunn och während den Treffere mat den eelere Leit Fotoe geholl, déi mir dann an der Maison Relais opgehaangen hunn, fir de Projet no baussen ze weisen. Mir hunn och eng Ausstellung organiséiert, wou Bastelaarbechten, déi d'Kanner mat den eelere Leit gemaach hunn, gewise goufen. gemaach hunn, exposéiert gouffen.

Aschätzung vum Projet:**Aschätzung vun de Kanner**

D'Kanner freeën sech drop, d'Bomien an d'Bopien erëmzegesinn. Si froen no, wéini mir fir d'nächst dohinner ginn, a schwätzen iwwert déi Zäit, déi si mat hinne verbruecht hunn: wat si gemaach hunn an déi Saachen, déi hinnen opgefall si beim Schwätzen a Schaffe mat deenen eelere Leit. De Projet leeft lo och schonn iwwert eng Parti Joeren, well béid Zilgruppe begeeschtert sinn an sech ëmmer rëm op deen nächste Besuch freeën.

Aschätzung vum Personal

Et war flott ze gesinn, wéi no enger gewësser Zäit all Kand "seng Bomi oder säi Bopi fonnt huet" an oft nogefrot huet, wéini si erëmkomme géifen.

Et war schéin, d'Strahlen an de Gesichter vun de Bomien an de Bopien ze gesinn, wann se zur Dier erakoumen.

Zuel Kanner an Erwuessener, déi duerch de Projet getraff gi sinn:**Kanner**

30 Kanner am Alter vun 8 bis 10 Joer

Erwuessener (Eltere souwéi Personal an extern Partner)

Di ganz edukativ Equipe vun der Maison Relais an vum Foyer du jour, souwéi di eelere Leit vum Foyer.



Maison Relais Brouch
21, rue Michel Lentz
L-4209 Esch/Uelzecht

Chargée
• Sylvia Marques

Personal
Edukativ Equipe
• 9 Fraen
1 Sozialpädagogin (Lëtzebuergerin)
5 Erzéierinnen(4 Lëtzebuergerinnen, 1 Lëtzebuergerin-Portugisin)
3 Aides socio (3 Lëtzebuergerinnen)
• 9 Fraen
1 Erzéier (Lëtzebuerger)
1 Aide socio (Lëtzebuerger)
1 Auxiliaire de vie (Lëtzebuerger)

Botzpersonal
• 2 Fraen
2 Agents d'entretien (1 Lëtzebuergerin, 1 Kapverdianerin)
1 Mann
1 Agent d'entretien (Lëtzebuerger)



Zuel Kanner, déi an der MRE ugemellt sinn:

Total Jongen	58	Total Meedercher	61
Brasilianesch	00		01
Chinesesch	01		01
Franséisch	02		02
Irlännesch	00		01
Lëtzebuergesch	19		29
Mauritesch	01		01
Montenegrinesch	02		01
Hollännesch	00		01
Portugisesch	29		24
Serbesch	02		00
Kapverdianesch	02		00

Meeting Diversity

I. Vivre l'intégration



Themen:

Diskriminierung op Basis vu kulturellen Ënnerscheeder (geschlechtlech Rolleverdeelungen, Relioun, kulinarisch Traditione souwéi familiär respektiv kulturell Traditionen asw.), Valorisation vu kulturellen Identitéiten, Elterenaarbecht, Vernetzungsaarbecht.

6+

Alter vun de Kanner:

6 bis 12 Joer



Persounen, déi um Projet geschafft hunn:

Et hunn am Ganzen 11 Persounen aus der Maison Relais um Projet geschafft. Dovunner waren der 6 ErzéierInnen, 4 Aides socio-familiales an 1 Sozialpädagogin.

Nieft dëser pädagogescher Equipe hunn d'Eltere vun de Kanner, deenen hir Kultur an hir Liewensgewunnechten an der Broschür virgestallt goufen, sech och um Projet bedeelegt an eis gehollef, d'Beschreiwunge richteg ze schreiwen. D'Kanner selwer hunn natierlech och mat un dësem Projet geschafft.



Material:

Fotoapparat
Bastelmaterial
Kachmaterial a
Liewensmëttel
(ofhängeg vum Plat,
dee gekacht gouf)

Beschreibung:

Duerch d'Formation vum "Gender 4 kids" an doduerch, dass mir Kanner vu verschiddenen Ofstamungen a verschiddene Kulturen an eisem Haus betreien, wollte mir de Kanner déi verschidde Länner a Kulture virstellen. D'Kanner konnten duerch dëse Projet d'Kulture vun hire Kollege kennelëieren.

Esou huet all Grupp 2 Kanner erausgesicht an dann Aktivitéite gemaach ronderëm dëse Kanner hiert Land an hir Traditionen. Als Ofschloss a fir de Projet no baussen duerstellen, hu mir och eng Broschür zesummegeallt, an där d'Kanner an hiert respektiv hiren Elteren hiert Heemechtsland virgestallt ginn.



Zil(er):

- D'Kanner léiere Kulture bzw. Länner vun hire Kollege kennen
- D'Kanner léieren, dass et vu Land zu Land verschidde Liewensgewunnechten a Liewensperspektive gëtt (andere Länder, andere Sitten)
- D'Kanner léieren dës Ënnerscheeder ze erkennen an ze respektéieren
- D'Kanner léieren, dass Villfalt eng Beräicherung ka sinn: si kënnen duerch hir Ënnerscheeder vunenee léieren
- D'Selbstwäertgefill vun de Kanner gëtt gefërdert a gestäerkt
- D'Kanner fillen sech wuel an der Maison Relais
- D'Eltere vun de Kanner fillen sech wëllkomm an der MRE a kënnen sech um Liewen am Haus bedeelegen

Virbereedung:

Fir dëse Projet hu mir eis misse verschidden Aktivitéiten eraussichen, duerch déi déi ausgewielten Themen opgegraff konnte ginn, an déi dann dem Alter upassen.

Mir hunn eis selwer iwwert déi verschidde Länner a Kulturen informéiert, fir d'Kand kënnen dobäi ze ënnerstëtzen. D'Eltere vun de Kanner hunn eis heibäi gehollef.

Eng Erausforderung war et, d'Elteren ze mobiliséieren an an de Projet ze integréieren, well et hinne meeschtens un Zäit gefehlt huet.

Ausser de Liewensmëttel fir ze kachen an dem Pabeier fir d'Fotoen hate mir keng gréisser Ausgaben.

Ofaf:

1. Éischt Aktivitéit

Bei der éischter Aktivitéit hu mir mat de Kanner eng Gespréichsronn gefouert iwwert d'Ofstamung vun all Kand aus der Grupp an och vum Erzéierpersonal. Mir hunn de Kanner dee Moment och de Projet selwer virgestallt. Sou konnte mir feststellen, wéi eng Kulturen an Nationalitéiten d'Kanner kannt hunn. Sou hu mir dann och aus all Grupp 2 Kanner erausgesicht, déi sech an hiert Land an der Broschür virstelle konnten.

2. Zweet Aktivitéit

Bei der zweeter Aktivitéit hunn déi Kanner, déi fir d'Broschür erausgewielt goufen, sech méi am Detail virgestallt (Kultur, Land a Liewen an hirer Famill an an de Länner, aus deenen se kommen). Hei hunn d'Eltere vun de Kanner mat gehollef, fir de Kanner an eis hir Kultur, hir Relioun, hir Traditionen a Wäerter méi no ze bréngen. D'Hëllef vun den Elteren huet sech hei och als Ënnerstëtzung fir d'Kanner erausgestallt. Déi Kanner, déi an der Broschür sollte virgestallt ginn, konnten doduerch selwer eppes Neies iwwert sech an hir familiär Gewunnechte léieren.

3. Drëtt Aktivitéit

Bei der drëtter Aktivitéit hu mir eng Fotocollage gemaach, wou all d'Kanner Fotoen aus hirem Heemechtsland matbruecht hunn. Länner wéi Portugal, Russland, Mauritius, Irland, Thailand, Algerien, Lëtzebuerg waren hei op der Fotocollage duergestallt.

4. Véiert Aktivitéit

Hei hu mir mat de Kanner traditionell Platen aus verschiddene Länner gekacht, z.B. Quinoa aus Bolivien, Gromperekichelcher aus Lëtzebuerg, Fish and Chips aus England asw. D'Eltere goufen och agelueden, mat de Kanner déi Platen ze entdecken an déi aner Famillje kennenzeléieren.

5. Fënneft Aktivitéit

Fir déi fënneft a lescht Aktivitéit hu mir d'Kanner gebieden, en traditionellen Objet, e Kleedungsstéck oder soss eppes, wat aus hirem Heemechtsland kënnt, mat an d'Maison Relais ze bréngen. Mir hunn d'Kanner da mat deem, wat si matbruecht hunn, fotograféiert, fir déi Fotoen herno an d'Bro-schür ze setzen.



Dauer:

Virbereedung an Ëmsetzung

Nodeems mir an all Grupp 2 Kanner an hir Kultur erausgesicht haten, hu mir während 2 Méint eemol d'Woch um Projet geschafft.



Impakt

Visibilitéit vum Projet:

De Projet stung op eisem Aktivitéitsplang (ze fannen niewent all Gruppender), deem d'Eltere regelméisseg liesen.

Duerch Fotoen a Collagen, déi mir an de Gank gehaangen hunn, ass et zu flotten an interessanten Elteregesprécher komm. D'Elteren hunn iwwert hirt Heemechtsland geschwat a wéivill Famill si nach dohannen hunn an dass si regelméisseg zréck ginn. Si waren och fir den Ofschloss vum Projet ageluede ginn, fir ëffentlech zesummen drop unzestoussen.

De Projet konnt dann och nach iwwert eis Broschür "Meeting Diversity – vivre l'intégration" entdeckt ginn.

Aschätzung vum Projet:

Aschätzung vun de Kanner

D'Kanner ware ganz interesséiert un anere Kulturen an hu vill Froe gestallt.

Z.B.: Wat ass Buddhismus? Wat ass Quinoa? Firwat hunn islamesch Fraen e Schal um Kapp? Firwat dierfen déi kee Schwéngfleesch iessen?

Virum Projet ass eis opgefall, dass d'Kanner gemengt hunn, Kanner mat enger däischerer Hautfaarf kéimen allegueren aus Afrika. Duerch de Projet hunn si dann och kënne gesinn, dass et Kanner an Erwuessener gëtt, déi eng däischer Hautfaarf hunn, mee net aus Afrika stamen. Si waren am Ufank erstaunt, mee hunn sech awer schnell un déi "nei Realitéit" gewinnt.

Aschätzung vum Personal

Mir hunn duerch dëse Projet gemierkt, dass d'Kanner net vill aner Kulture kennen, dacks nëmmen hir eegen. Zum Deel wousste se net, wou déi aner Länner leien a wéi eng Sprooch do geschwat gëtt. Am Laf vum Projet an duerch den Interessi vun de Kanner huet dat sech du gebessert. Doduerch, dass d'Kanner sou wéineg iwwert friem Kulture wossten an erstaunt waren iwwert déi nei Entdeckungen, ass eis bewosst ginn, wéi wichteg et ass, dës Theme mat de Kanner unzschwätzen, fir dass si selwer e Bewosstsinn fir d'Villfältigkeet vun der Gesellschaft an der Welt entwéckelen.

Festgestallten Impakt

Den Interessi vun de Kanner war an dësem Projet ganz kloer ze erkennen. D'Kanner hunn duerch d'Froen, déi si gestallt hunn, an d'Reaktiounen, déi si beim Entdecke vu verschiddene Länner an hire Gewunnechten haten, kloer gewisen, dass si un de Kulturen, déi virgestallt goufen, interesséiert waren. Si hunn also duerch dëse Projet hirt Wëssen iwwert d'Länner, d'Sproochen an d'Kulturen, déi et op der Welt ginn, erweidere kënne.

Zuel Kanner an Erwuessener, déi duerch de Projet getraff gi sinn:

Kanner

Et waren 104 Kanner betraff

Erwuessener (Eltere souwéi Personal an extern Partner)

11 Persounen aus eiser Equipe souwéi d'Eltere vun de Kanner





Erica
10 Joer/ans

Olá, main Numm ass Erica an ech hunn 10 Joer. Meng Mamm a mál Papp si Portugalien. Ech Biewen sinnter 2 Joer zu Lëtzebuerg. A Portugal hunn ech nach ganz vill Mëddgen a Famill a ginn doduerch ech nach rëgelméisseg dominéiert. Zu Lëtzebuerg fëllen ech meech ganz wuel, ech wann ech d'Spooch nach net richtig beherrschen, mä ech hunn hei awer och ganz vill nei Mëddgen gewonnen. Ech schwätzen de Moment weening Lëtzebuergesch, well ech nach Angstich hunn, Feeler ze seen.

Ech fëlle meech wuel a ganz als Portugalien.

Olá, je m'appelle Erica et j'ai 10 ans. Ma mère et mon père ont la nationalité portugaise. Je vis au Luxembourg depuis seulement 2 ans. Au Portugal j'ai encore beaucoup de famille et d'amis et donc j'y retourne régulièrement. Je me sens très bien ici au Luxembourg, même si je ne sais pas encore bien parler le luxembourgeois, mais je me suis déjà fait beaucoup d'amis depuis que je suis ici. Pour le moment, je parle peu le luxembourgeois parce que j'ai encore peur de faire trop de fautes.

Je me sens complètement portugaise.



Kate
8 Joer/ans

Hellou ech heeschen Kate, hunn 8 Joer a sinn hei zu Lëtzebuerg gebueren. Ech huwe d'vunoch Nationalitéit. Meng Mamm ass an Irland gebuer a mál Papp an England. Ech hunn nach zewéng grouss Schwëstern. D'elst ass an Irland gebuer an d'elst jonk zu Lëtzebuerg. Ech wa schonn oft an England an och an Irland. Dohierem bei mir gëtt Englesch geschwat. Ech, meng Schwëstern a meng Eltere sinn d'elst weng, d'elst hei zu Lëtzebuerg woenne d'elst Famill. All d'elst aner woenne am Ausland. An Irland woen et nach mál dacks well hei zu Lëtzebuerg, awer kien d'elst och hei. D'elst ass awer woenne am Ausland. An Irland an d'Vakanz ginn, schloffen ech a meng Famill bei mengem Bopp oder an engem Hotel an dann lesse mir all FëschChips.

Ech fëlle meech wuel zu Lëtzebuerg, well et hei vill verschidden Nationalitéite ginn, d'elst all geméisch ennterenee liewen a m'är net alleguer gläich si mä et vun allem gëtt.

Hellou je m'appelle Kate, j'ai 8 ans et je suis née au Luxembourg. J'ai la nationalité irlandaise. Ma mère est irlandaise et mon père anglais. J'ai aussi deux grandes sœurs. La plus âgée est venue d'Irlande et mon autre sœur au Luxembourg. J'ai déjà souvent visité le Royaume-Uni et l'Irlande aussi. A la maison nous ne parlons que l'anglais. Moi, mes sœurs et mes parents, nous n'avons pas d'autre famille ici au Luxembourg. Le reste de ma famille vit dans d'autres pays. En Irlande, l'école encore plus souvent qu'ici au Luxembourg, alors il y a parfois des inondations. Quand je pars en vacances en Irlande, je vais dormir avec ma famille chez mon grand-père ou à l'hôtel et puis nous mangons tous une spécialité appelée FishChips.

Je me sens bien ici parce qu'il existe une grande diversité de nationalités qui vivent mélangées entre elles et parce que nous ne sommes pas tous pareils, mais on trouve un peu de tout.



Alexandra
9 Joer/ans

Privjet main Numm ass Alexandra an ech hunn 9 Joer. Meng Mamm ass eng Russin a mál Papp a Lëtzebuerg, doduerch schwätzen ech just mat mengem Mamm russesch. Meng Famill kënnt aus allen Ecke vu Russland, ech war viru 5 Joer fir d'Kierch dohannen. Ech skypen awer rëgelméisseg mat mengem Famill fir Kontakt ze halen. Den Ernenscheed, wärschent Russland a Lëtzebuerg ass, dass d'elst Land vill meech ass, mä awer och vill meech ass a manner Accidenter geschieden. Wann ech hei zu Lëtzebuerg gebuer wou, gëing ech meech vläicht och meech russesch fëllen.

Ech fëlle meech Lëtzebuerg.

Privjet je m'appelle Alexandra et j'ai 9 ans. Ma mère est d'origine russe et mon père luxembourgeois, voilà pourquoi je parle le russe uniquement avec ma mère. Ma famille vient de différents coins de Russie. La dernière fois que j'étais en Russie c'était il y a 5 ans. Cependant je garde le contact avec la famille par Skype. La différence entre le Luxembourg et la Russie est que le Luxembourg est beaucoup plus petit, plus sûr et il y a moins d'accidents. Si je n'étais pas née au Luxembourg je me sentirais peut-être plus russe.

Je me sens Luxembourgeoise.



Tania
12 Joer/ans

Sawadee Khun main Numm ass Tania an ech hunn 12 Joer. Meng Mamm kënnt aus Thailand a mál Papp ass Lëtzebuerg. Ech sinn hei zu Lëtzebuerg gebuer, mä hunn nach Famill an Thailand. Meng Nationalitéit ass Lëtzebuerg. Ech praktizieren de Buddhismus an hunn och eng Ketten u mat engem Buddha drin, deem mer Glück bringe. Ech fëlle meech ganz wuel hei zu Lëtzebuerg, well ech awer hei engemess sinn an och vill Kollegen bei hunn. Ech hunn awer och thailändesch Kollegen hei, mat deem ech och thailändesch schwätzen. Ech furen all 2 Joer an Thailand bei meng Famill.

Ech si Lëtzebuerg mat engem thailändesch Hætz.

Sawadee Khun je m'appelle Tania et j'ai 12 ans. Ma mère est thaïlandaise et mon père luxembourgeois. Je suis née au Luxembourg mais j'ai encore de la famille en Thaïlande. J'ai la nationalité luxembourgeoise. Je pratique le bouddhisme et je porte un collier avec un petit Buddha qui me porte bonheur. Je me sens bien au Luxembourg parce que j'ai grandi ici et j'ai énormément d'amis. J'ai aussi des amis thaïlandais avec lesquels je parle ma langue maternelle. Je pars tous les 2 ans en Thaïlande rendre visite à ma famille.

Je suis luxembourgeoise avec un cœur thaïlandais.



Nelly
6 Joer/ans
Nikhil
8 Joer/ans

Bonjour ech heeschen Nikhil, hunn 8 Joer a sinn op Mauritius gebueren. Ech sinn d'elst ly an 6 Joer a sinn hei zu Lëtzebuerg gebuer. Mä sinn zu Lëtzebuerg gross ginn, a m'är hu vil Frenn. Mä hunn awer zewéng mauritaisch Nationalitéit. Op Mauritius schwätzen d'elst, och wann d'elst englesch. J'arrivé d'elst ass, mauritaisch och Franséisch an och Créole. Et si verséidde Kulturen, wou Hindi, Arabesch a Chinoisch geschwat gëtt. Et Eltere sinn all d'elst Mauritian gebuer, a schwätzen awer awer Créole, Franséisch, Englesch an Hindi. Et Famill furen zu Mauritius an Haus wou mir och dacks an d'Vakanz ginn. D'elst vum dohannen a se ganz villad tag.

Mä sinn all fr ouzu Lëtzebuerg mat diseganzier kulturelle Diversitéit.

Bonjour je m'appelle Nelly et j'ai 6 ans. Je suis né à l'île Maurice. Ma mère et moi avons beaucoup d'amis. Nous avons la nationalité mauritienne. À l'île Maurice, bien que l'anglais y soit la langue officielle, les mauritains parlent couramment le français et le créole. C'est une population de différentes cultures, on y parle l'hindi, l'arabe et le chinois. Mes parents sont né à l'île Maurice et ils parlent le créole, l'anglais, le français et le hindi. Notre famille a une maison à l'île Maurice et nous passons aussi nos vacances. On y retrouve en éventail de plats indiens, chinois, créoles et on respire que l'air de cette cuisine.

Nous sommes d'origine au Luxembourg avec toutes les diversités culturelles.



Rayane
11 Joer/ans

Salamalikoum ech sinn de Rayane an hunn 11 Joer. Ech sinn hei gebuer an hunn d'elst Lëtzebuerg Nationalitéit, mä hunn algeresch Wuerzelen. Meng Famill an ech selwer praktizieren d'elst algeresch Traditionen an och eis idamesch ch'illem. Mir feieren awer méttlerweil och mál Gebuertsdag, och wann dat net bei eis gefeiert gëtt. Meng Famill an Algerien besichen ech eenmal am Joer. Ech si gären hei zu Lëtzebuerg, well et hei verschidden Nationalitéit. He gëtt en och vill d'elst frösché Mëtt se kafen.

Lëtzebuerg ass mál Land, awer Algerien bleift meng Heemecht.

Salam alikoum je m'appelle Rayane et j'ai 11 ans. Je suis né ici et j'ai la nationalité luxembourgeoise, mais je suis d'origine algérienne. Ma famille et moi-même pratiquons les traditions algériennes, ainsi que notre religion musulmane. Nous avons également repris quelques coutumes luxembourgeoises, comme fêter mon anniversaire, ce qui ne se fait pas dans mon pays d'origine. Je rends visite une fois par an à ma famille en Algérie. J'apprécie de vivre au Luxembourg, car il y a beaucoup de gens de différentes nations, ce qui me permet d'apprendre beaucoup de langues.

Le Luxembourg est mon pays où je vis, l'Algérie est ma patrie.



Maxine
11 Joer/ans

Molen Mien Nimm ass Maxine an ech hunn 11 Joer an ech an Lëtzebuerg gebuer. Meng Eltere sinn allers zwee hei zu Lëtzebuerg gebuer. Meng Fënn hunn all verschidden Nationaliteiten a meng bescht Fënn ass vum Cap Vert. Hatt huet mir scho ganz vill vu sengem Land erweelt. Ech si gläich an aner Länner an d'Vekand, well ech do d'Mir hunn an mech fir aner Kulturen interesséieren.

Ech si gläich Lëtzebuerg, well et eis hei gutt geet, mir hu kee Krich a meng ganz Famill ass hei.

Molen m'appelle Maxine, j'ai 11 ans et je suis luxembourgeoise. Mes parents sont nés tous les deux ici et ils sont luxembourgeois. Mes amis ont tous différentes nationalités ; ma meilleure amie a la nationalité cap verdienne et elle m'a beaucoup raconté au sujet de son pays. J'aime voyager dans d'autres pays car il y a la mer et je m'intéresse aux différentes cultures.

J'aime être luxembourgeoise parce qu'on vit bien ici ; il n'y a pas la guerre et j'ai toute ma famille près de moi.



**Océane
Wyatt**
8 Joer/ans

Méyégap sinn d'Océane an de Wyatt a mir hunn 8 Joer. Wéi de bestëmmst gemerkt hutt si mir also Zwillingen. Mir sinn hei zu Lëtzebuerg gebuer. Eis Eltere kommen aus dem Kamerun aus der Stad Douala. Mir fëllen eis gutt hei zu Lëtzebuerg a sinn och vill lëtzebuergesch. Kollagen ze hunn, well durch si hu mir och vill Lëtzebuergesch geléiert, well mir doheem nëmmen Ba ya, dat ass eng Dialekt, oder French och schwätzen. Mir hei doheem an d'Vekand gien, da spille mir vill Fussball. Scho meeser frei, wann d'Sonn opgeet, dann ass et scho gutt wann, an d'Kanner treffen sech dann op der Strass a se pëllen, bis chent den Haue.

Hu in Lëtzebuerg ass d'Zämmenleien schéin a flott.

Méyégap nous appellons Océane et Wyatt et nous avons 8 ans. Comme vous l'avez peut-être déjà remarqué, nous sommes des jumeaux. Nous sommes nés au Luxembourg. Nos parents sont originaires de la ville Douala du Cameroun. Nous nous sentons bien au Luxembourg et nous sommes contents d'avoir beaucoup d'amis luxembourgeois, car grâce à eux nous avons appris la langue luxembourgeoise. À la maison, nous parlons le Ba ya, c'est la dialecte de Douala, ou bien le Français. Si nous parlons en vacances au Cameroun, nous jouons beaucoup au football. Déjà les matins, quand le soleil se lève, tous les enfants du village se retrouvent dehors, dans la rue, pour jouer entre eux les maisons.

La vie au Luxembourg est belle et agréable.



Valérie
9 Joer/ans

Dobryj djerch sinn d'Valérie an hunn 9 Joer. Ech sinn hei zu Lëtzebuerg gebuer. Meng Mamm ass vu Minsk, aus Weiss-Russland heibierher komm, a mair Papp ass Lëtzebuerg. Mat menger Mamm schwätzen ech russesch. Doheem hunn ech vill schen Bicher a kyrillischer Schrift, dat gëtt mir gutt. Ech fëlle mech gutt hei zu Lëtzebuerg, an hunn och vill Kollage mat ville verschiddenen Nationaliteiten. Et mécht mech just e bëss traurig, wann een eng Sprooch schwätzt, dat ech net verstoen.

Zesumme lewen, kënne mir Land harscht fir mech kenne anerschtlechen, mat all de Kanner spillen an eis gëgesäitig respektéieren.

Dobryj djer suis Valérie et j'ai 9 ans et je suis née au Luxembourg. Ma mère vient de Minsk, en Biélorussie et mon père est luxembourgeois. Avec ma mère je parle russe. À la maison je possède beaucoup de jolis livres russes écrits en alphabet cyrillique, ça me plaît beaucoup. Je me sens bien au Luxembourg et j'ai beaucoup d'amis de différentes nationalités. Ce qui me rend un peu triste, c'est quand quelqu'un parle une langue que je ne comprends pas.

Vivre ensemble signifie pour moi de s'écouter, partager et de jouer avec tous les enfants en se respectant mutuellement.



**Alicia
Ciara**
9 Joer/ans
5 Joer/ans

Bon dia, mir sinn d'Alicia 9 Joer an d'Ciara 5 Joer. Mir sinn allen zwee hei zu Lëtzebuerg op d'Welt kommen. Eis Famill ass vu Santo André, d'zweetgréisst Insel vum Cap Vert. Mir fëllen eis gutt hei a meischen och keen Enverschied hirschen eis an deem anere Kanner. Mir si frou, dass mir vil fënn mat verschiddenen Nationaliteiten hunn, well mir esou och hier Kultur kënnen léieren.

Fir eis ass zesumme lewen, wann een net mat deem anere steit.

Bon dia nous sommes Alicia, 9 ans et Ciara, 5 ans. Nous sommes nées toutes les deux au Luxembourg. Notre famille est de Santo André, la deuxième île la plus grande du Cap Vert. Nous nous sentons bien ici et nous ne constatons pas de différences entre nous et les autres enfants. Nous sommes contents d'avoir beaucoup d'amis de nationalités différentes, c'est ainsi que nous apprenons à connaître leur culture.

Pour nous, vivre ensemble signifie ne pas se disputer avec l'autre.



**Ajla
Hana**
10 Joer/ans
7 Joer/ans

Dobro jutro sinn d'Ajla 10 Joer an d'Hana 7 Joer. Mir sinn allen zwee hei zu Lëtzebuerg gebuer. Eis Mamm ass aus dem Montenegro mat 12 Joer wéinst dem Biergerkrieg heibierher komm. Eise Papp ass Serbien ass zämmen mat sengem Brudder, eiser Momm, nokomm. Mir fëllen eis hei am Land gesees sou gutt, weil a Serbien. Mir fëllen eis och net an d'Vekand, ma gesees sou vill dier aner och, eis Kollage sinn zämmen all Lëtzebuerg. Een Hobby ass eiser Kultur ass de Holborn aus dem Montenegro, de Kleesche kënnt bei eis an Mount dierher, well hei zu Lëtzebuerg. Mir beschen och viraum schule gien, dat vill engers gutt Dream bringten. Bei eis gitt et och de Ramadan. Gebuerdiedeg an d'weil Joer kënnen mir och, just aner traditionell Fester well d'Chieschtedag oder d'Festent fester mir net.

Zesumme lewen hei zu Lëtzebuerg ass vir eis, wa mir mat eiser Famill kënnen sinn.

Dobro jutro nous sommes Ajla, 10 ans et Hana, 7 ans. Nous sommes toutes les deux nées au Luxembourg. Quand notre maman avait 12 ans, elle est partie du Montenegro à cause de la guerre civile. Notre papa et son frère, notre oncle, qui sont originaires de la Serbie, sont également partis pour rejoindre notre maman au Luxembourg. Nous ne nous sentons pas comme des étrangers, mais très bien intégrés, comme nous les autres enfants. Majoritairement, nous avons des amis luxembourgeois. Un loisir de notre culture, est le folklore du Montenegro. La-bas, le Saint Nicolas passe au mois de novembre, donc un mois plus tôt qu'ici au Luxembourg. Avant de dormir, nous faisons la prière, il paraît que ça favorise les bons rêves. Chère nous, il existe aussi le Ramadan. Nous fêtons également les anniversaires et le nouvel an, mais nous ne célébrons pas les fêtes traditionnelles comme Noël et Carnaval.

Vivre ensemble ici, au Luxembourg, signifie pour nous vivre ensemble avec notre famille.




**Mélinde
Sofia**
10 Joer/ans
9 Joer/ans

Marhaban mir sinn d'Mélinde 10 Joer an d'Sofia 9 Joer a mir sinn hei zu Lëtzebuerg gebuer. Eis Mamm ass aus Frankräich an eise Papp vu Marokko. Si sinn op Lëtzebuerg kommen fir hei an schullen. Mir fëllen eis ganz gutt hei am Land. Traditionne vun hei, well d'Chieschtedag, Silvester, Halloween, d'Festent oder d'Quadenen hu mir wuerheit a bewien eis, dat kënnen an heien, well am Marokko gitt et dat net op nous eng Marokko ewell hei. Mir danner gien marokkanesch a besiden all d'weid viraum schule gien.

Mir wëlle mat eiser Famill hei bliwen, d'Schoul luerdeg machden an da schaffe gien, et dann esou mache wéi eis Elteren et gemaach hunn.

Marhaban suis Mélinde, 10 ans et moi, je suis Sofia, 9 ans. Nous sommes nées au Luxembourg. Notre maman vient de France et notre papa du Maroc. Ils ont trouvé du travail au Luxembourg. Le Luxembourg nous plaît beaucoup, car ici nous avons découvert les traditions comme l'Éclair Noël, la St. Shouette, Halloween, Carnaval, Pâques et nous nous réjouissons pour les fêtes également avec les autres enfants. Au Maroc cela n'existe pas de cette manière. Nous aimons la danse marocaine et nous prenons chaque soir avant d'aller au coucher.

Nous voulons rester ici avec notre famille, terminer l'école et ensuite aller travailler, tout comme nos parents l'ont fait.



Serena
9 Joer/ans

How do you do? Ech sinn d'Serena 9 Joer a sinn hei zu Lëtzebuerg gebuer. Meng Mamm kënnt aus England a mair Papp ass a Portugal gebuer. Ech fëlle mech gutt hei zu Lëtzebuerg, gien awer och vill an England an d'Vekand an a Portugal gi mir eis les anere mat d'Joer. Traditionell ass England hu mir d'Vekand an a Portugal an a Kaffeehaus.

Eis gutt et gitt hei, d'Schoule se gutt an ech se glécklech, fir hei zu Lëtzebuerg kënnen mat menger Famill ze lewen.

How do you do? suis Serena, 9 ans et je suis née au Luxembourg. Ma mère vient de l'Angleterre et mon père est né au Portugal. Je me sens très bien ici, mais aussi à l'étranger. Bien sûr, je pars en vacances en Angleterre et au Portugal. La tradition anglaise veut que nous possédions un drap de l'Angleterre et un service de thé.

Nous allons bien ici, les écoles sont bonnes et je suis heureuse de pouvoir vivre ensemble avec ma famille.

Fraen a Männer zu Lëtzebuerg

II. Eng Zäitrees duerch Lëtzebuerg



Themen:

Geschicht, Entwécklung vu geschlechtliche Rollebillen, Chancëgläichheet, geschlechtliche Identitéitsentwécklung.

8+

Alter vun de Kanner:

8 bis 10 Joer



Persounen, déi um Projet geschafft hunn:

1 Erzéier
1 Aide socio-familiale



Material:

ofhängeg vun der Aktivitéit. Eng wichteg Ressource war hai den Internet.

Beschreibung:

Bei dësem Projet ass et dorëms gaangen, de Kanner d'Weiderentwécklung vum Liewen zu Lëtzebuerg virzestellen, spezifesch d'Entwécklung vun de geschlechtliche Rollebillen an eiser Gesellschaft.



Zil(er):

- D'Sozialkompetenze vum Kand gi gefërdert: d'Kanner léieren, zesummen an enger Grupp ze schaffen an sech géigesäiteg ze respektéieren
- Déi kognitiv Fähegkeet vum Kand gëtt gefërdert duerch d'Ännerung vun de Kanner hirer Denkweis iwwer Fraen- a Männer-Rollebillen
- D'Kanner verstinn, wéi eis fest verankert Rollebillen entstane sinn a wéi verschidden déi Billen kënne sinn
- De Kanner hir Fähegkeeten, fir sech selwer ze bestëmmen, wien a wéi si wëlle sinn, gi gefërdert
- De Kanner hieft Selbstwäertgefill an hier Autonomie gi gefërdert a gestärkt

Virbereedung:

De Projet huet misse kannergerecht an altersgerecht opgebaut ginn. Ausserdem war et eis wichtig, de Projet interessant ze gestalten, sou dass d'Kanner och Interessi um Thema hunn a behalen.

D'Persounen, déi de Projet duerchgefouert hunn, hunn sech am Virfeld missen iwwert d'Thema informéieren. Hei war an enger éischter Phas d'Formatioun Gender4Kids hëllefreich. Do dernieft hu mir nach selwer Recherchen iwwert d'Thema gemaach. Zum Beispill hu mir iwwer Bicher an den Internet Informatiounen iwwert d'Liewe vu fréier gesicht.

Eng wichteg Erausforderung vun dësem Projet war et, d'Kanner an ausgeglachte Gruppen ze deelen. Et huet sech am Laf vun den Aktivitéiten erausgestallt, dass verschidde Kanner schonn zimlech vill iwwert d'Thema woussten, iwwerdeems anerer nach ganz wéineg Kenntneser driwwer haten. An den ausgeglachene Gruppen hunn déi eng Kanner deenen aneren d'Lëtzebuerger Land virgestallt. Mir selwer hunn och verschidden Aktivitéiten un déi Kanner, déi scho vill iwwert d'Lëtzebuerger Land woussten, ugepasst, fir dass et hinnen net ze langweileg géing ginn.

Ofaf:

1. Aktivitéit

Bei der éischter Aktivitéit hu mir mat de Kanner eng Gespréichsronn gefouert iwwert déi geschlechtliche Rolleverdeelung an déi typesch Aarbechten, déi déi zwee Geschlechter fréier gemaach hunn.

2. Aktivitéit

Bei der zweeter Aktivitéit hu mir d'Rolverdeelung vu fréier ënnert d'Lupp geholl a versicht, mat de Kanner d'Selbstverständlechkeet vun där Verdeelung a Fro ze stellen, sou dass d'Kanner bewusst entscheede kënnen, wéi si hieft Geschlecht ausliewe wëllen, ob z.B. e Meedchen sech lo decidéiert, Schräinerin ze ginn, oder e Jong, wann e Papp gëtt, doheem bei senge Kanner bleiwe wëll.

3. Aktivitéit

Bei der drëtter Aktivitéit hu mir mat de Kanner iwwert d'Roll vun der Fra geschwat. Sou hunn si festgestallt, dass sech d'Roll vun der Fra par rapport zu fréier verännert huet, an dass Fraen haut och kënne schaffen a wile goen.

Parallel dozou si verschidden Aktivitéite proposéiert ginn, déi béide Geschlechter d'Méiglechkeet ginn hunn, eng Tätigkeet ze testen, déi oft mat deem anere Geschlecht verbonne gëtt. Mir hunn zum Beispill e Bitzatelier, e Schmuckatelier, en Holzatelier oder och e Fussballturnéier ugebueden.

**Dauer:****Virbereedung an Ëmsetzung**

D'Preparatioune fir de Projet hunn 3 Woche gedauert. Déi Zäit war néideg, fir mat de Kanner iwwert d'Weiderentwécklung vum Lëtzebuerger Land ze schwätzen an d'Aktivitéite virzebereeden. D'Duerchféierung vum Projet ass iwwert een Trimester gaangen (12 Wochen).

**Impakt****Visibilitéit vum Projet:**

De Projet ass duerch Plakater a Fotoen, déi mir am Sall opgehaangen hunn, sichtbar gemaach ginn. Doduerch hunn d'Elteren eis och Froen iwwert de Projet gestallt, an et ass zu flotten Elterengesprécher komm.

Aschätzung vum Projet:**Aschätzung vun de Kanner**

Et huet een un de Reaktiounen vun de Kanner gemierkt, dass et hinne Spaass gemaach huet, Geschichte vu fréier ze héieren an ze entdecken. Den Ënnerscheed tëscht fréier an haut, wéi zum Deel hir eege Grousseltere gelieft hunn a wéi hir Elteren an aner Leit hautzedaags liewen, ass hinnen och ganz kloer opgefall an huet si virwëtzeg iwwert d'Grënn, wieso et sou anescht ass, gemaach.

Aschätzung vum Personal

Doduerch, dass eis Kanner souwisou gewinnt sinn, u geschlechtsgemëschten Aktivitéiten deelzehuelen, war dat fir eis Kanner bei dësem Projet guer kee Problem. Et ass eis also net schwéiergefall, dëst Thema mat de Kanner opzegräifen an hinnen ze erklären, dass Rollebiller sech ännere kënnen.

Festgestallten Impakt

Den Interess vun de Kanner war an dësem Projet ganz kloer ze erkennen. D'Kanner hunn duerch Mir hunn erkannt, dass mir eis Ziler erreecht hunn, well sech d'Denkweis vun de Kanner verännert huet (z.B. hu Jongen ouni sech ze beschwéieren um Bitzatelier deelgeholl) an si sech géigesäiteg op Diskriminéierungen oder strikt Rolleverdeelung opmierksam gemaach hunn. Et ass eis och opgefall, dass déi zwee Geschlechter méi oft zesumme spillen: d'Jongen hunn och mat de Meedercher mat Poppe gespillt, an ëmgedrënt hunn d'Meedercher mat Fussball gespillt.

Zuel Kanner an Erwuessener, déi duerch de Projet getraff gi sinn:**Kanner**

11 Kanner tëscht 8 an 10 Joer.

Erwuessener (Eltere souwéi Personal an extern Partner)

Et hunn 2 Persounen aus eiser Equipe un dësem Projet geschafft, mee duerch informell Gespréich-er innerhalb vun der Equipe souwéi mat den Eltere sinn nach aner Leit getraff ginn. Déi genau Zuel ass schwierig anzuschätzen.



Maison Relais Jean- Jaurès

Maison Relais Jean-Jaurès
Place Jean Jaurès
L-4152 Esch/Uelzecht



Chargée
• Elisabete Da Silva

Personal
Edukativ Equipe
• 5 Fraen
1 Sozialpädagogin (Lëtzebuergerin-Portugisin)
1 Erzéierin (Lëtzebuergerin)
3 Agents socio-éducatif (Lëtzebuergerinnen)
• 1 Mann
Roy (Apprenti)


Botzpersonal
• 1 Fra
Agent d'entretien (Portugisin)

Zuel Kanner, déi an der MRE ugemellt sinn:
25 Jongen an 20 Meedercher = 45 Kanner

Belsch	01
Brasilianesch	01
Franséisch	04
Lëtzebuergesch	15
Lëtzebuergesch a portugisesch	03
Portugisesch	18
Kapverdianesch	02
Rumänesch	01

Eng Rees ronderëm d'Welt

I. De Bléck erweideren an Diversitéit



Themen:

Diskriminatioun op Basis vu kultureller, nationaler, reliéiser a geschlechtlicher Villfalt, Elterenaarbecht, Multikulturalismus

8+

Alter vun de Kanner:

4 bis 7 Joer



Persounen, déi um Projet geschafft hunn:

1 Sozialpädagogin
1 Erzéierin
3 Agents socio-éducatifs
1 Apprenti

Fir dëse Projet hu mir zesumme mat den Eltere geschafft. Si ware selwer um Projet bedeelegt an hunn eis an d'Kanner bei verschiddenen Aktivitéiten ënnerstëtzt, sou wéi zum Beispill Schloflidder an der Mammesprooch (vir)sangen, traditionell Plate kachen etc.



Material:

Fir dëse Projet ass dat üblecht Material, dat een an der Maison Relais soss fir Bastel- a Molaktivitéiten hëlt, gebraucht ginn. Hörspielkassetten oder CDen an de Kanner hirer Mammesprooch sinn eventuell och hëllefräich, wann een zum Beispill Schloflidder mat de Kanner sange wëll. Déi kann een dann och bei den Elteren nofroen oder d'Eltere selwer ophuelen, wann si déi Lidder sangen. Mir hunn och nach d'Buch "Unicef Kinder aus aller Welt" benotzt als Ënnerstëtzung, fir eis Aktivitéiten ze gestalten.

Beschreibung:

Mir hunn eis dëst Thema erausgesicht, well mir d'Formatioun vum Gender 4 Kids während 2 Joer haten an dat, wat mir do geléiert hunn, de Kanner wollte weiderginn. Mir hunn eis fir d'Diversitéit vun de Kulturen entscheet, well eis zwou Gruppe Kanner (an hir Familljen) aus verschiddene Länner a Kulturen aus der ganzer Welt kommen. D'Kanner sollen d'Kulture vum hire Kollegen an hirer Grupp kennelëieren, d.h. aus wéi engem Land si kommen, wou dat Land läit, wat si do am léifsten iessen, wéi eng Traditionen et an deene Länner gëtt a wéi eng Ënnerscheeder et tëscht deene verschiddene Länner gëtt. Eist Thema hu mir mat engem kulinarischen Owend ofgeschloss, bei deem mir d'Eltere mat abezunn hunn, andeems mir si agelueden hunn an si gefrot hunn, eppes aus hirem Land ze kachen oder ze baken a matzebréngen.



Zil(er):

- D'Kanner souwéi d'Elteren an d'Personal léieren nei Kulture bzw. nei Länner kennen (d'Nimm vun de Länner, traditionell Platen a Fester, Reliounen, déi an deene Länner vertruede sinn, Geschlechterrollen, Familljekonstellatiounen a -formen asw.)
- D'Kanner, d'Elteren an d'Personal entwéckelen Interessi fir aner Länner an aner Liewensformen
- D'Kanner entdecken d'Ënnerscheeder an d'Gemeinsamkeeten tëscht de Länner
- Stereotypen a Viruerteeler ginn ofgebaut duerch d'Kennelëiere vun der Ofstamung vun de Kanner an duerch d'Zesummenaarbecht mat de Kanner an hire Familljen
- D'Kanner entwéckele Verständnes fir déi ënnerschiddlech Liewenskonditiounen vun anere Kanner op der Welt

Virbereedung:

D'Thema vum Projet war schnell identifizéiert. Mir haten duerch d'Formatioun Gender 4 Kids iwwert, ënner anerem, kulturell Diversitéit bäigeléiert a wollten dëst Wëssen un d'Kanner weiderginn. Bei der Auswiel vum Projet war wichteg:

- Aktivitéiten erauszesichen, déi dem Alter an dem Interessi vun de Kanner ugepasst waren
- D'Aktivitéite mat an den Alldag anzeplangen

Wéi de Projet dunn ausgewielt war, hu mir eis virbereet, andeems mir:

- D'Klasseure mat den Informatiounen vun de Kanner gelies hunn, fir e bëssi méi iwwert hir Nationalitéit oder déi vun den Eltere gewuer ze ginn
- Informatiounen iwwert déi verschidde Länner a Kulturen zesummegeesicht hunn, éier Theme wéi Traditionen, Sproochen an Erziéung vun de verschiddene Länner mat de Kanner ugeschwat a virgestallt goufen.

Oflaf:

1. Intro

Mir hunn als Aleedung eng Gespréichsronn mat de Kanner um Teppich gemaach. Mir hunn hinne Froe gestallt iwwert hir Sprooch, d'Land, wou si hir Wuerzelen hunn, d'lessen aus deem jeweilige Land an iwwert Déieren, déi een an de verschiddene Länner fënnt. Mir hunn hinne gewisen, wou "hir" Länner op der Weltkaart leien. Während dëser éischter Phas si mir och schonn op d'Ënnerscheeder tëscht de Länner agaangen. Mir hu mat de Kanner driwwer geschwat, dass d'Mënschen net iwwerall op der Welt d'selwecht ausgesinn, déi selwecht Chancen hunn, déi selwecht Méiglechkeeten hunn, dass et net jidderengem op der Welt sou gutt geet wéi bei eis, an dass ee jidderengem hëllef soll.

2. Gespréichsronnen iwwert déi verschidde Länner

Mat Hëllef vum Buch "Unicef Kinder aus aller Welt" hu mir de Kanner gewisen, dass d'Kanner op der ganzer Welt anescht liewen, déi eng an engem Haus, déi aner an Hütten. All Land huet typesch Hobbien. D'Hautfaarf ännert och vu Land zu Land, a verschiddene Länner liewe méi Mënschen aus ënnerschiddleche Kulturen a Länner zesumme wéi an aneren.

Familljekonstellatiounen sinn hei natierlech och ugeschwat ginn. Sou hunn si zum Beispill entdeckt, dass an de meeschte Familljen a China d'Eltere just ee Kand hunn, iwwerdeems an Afrika Kanner meeschtens a Groussfamillje liewen, zesumme mat hire Geschwëster, Elteren an och Grousselteren. Duerch d'Buch hunn se och gesinn, dass et vill Kanner op der Welt ginn, deenen et net sou gutt geet wéi hinnen; déi hu vläicht just, am Géigesaz zu de Spillsaachen, déi d'Kanner an eiser Maison relais zur Verfügung hunn, e futtisse Fussball fir ze spillen, mee si si frou

doriwwer. Och waren d'Kanner erstaunt, dass d'Kanner a verschiddene Länner a Schoule ginn, déi éischter wéi Hütten ausgesinn, a just en Heft an e Bläistift hunn. Si hunn och hir eege Schoule mat deenen aus anere Länner verglach an se als Schoule beschriwwen, déi vill méi faarweg sinn a méi Material hunn. Och waren se erstaunt iwwert d'Zuel Kanner pro Klass an engem Schoulsall an Afrika vis-à-vis vun der Zuel Kanner an hirem eegene Schoulsall.

3. Sproochen entdecken an ausprobéieren duerch d'Sangen

Mir hunn d'Lidd "Frère Jacques" a verschiddene Sprooche gesongen. D'Kanner hunn nei Sprooche kennegeleiert an enger Form, déi hinne Spaass mécht. Dat soll si ëmmer positiv drun erënneren, nei Sproochen ze léieren an op fir nei Sproochen ze sinn. Si sollen erkennen, dass et vill Mammesprooche ginn an dass et gutt ass, dass et vill Sprooche ginn, an eng méi schéin ass wéi déi aner.

4. Fotocollage

Mir hunn eng Fotocollage gemaach, wou d'Kanner sech gemoolt hunn an hirem Heemechtsland. Verschiddener lounge op der Plage, anerer hunn sech am Bësch gemoolt. Mir hunn hinne gewisen, dass d'Natur an deene verschiddene Länner anescht ausgesäit, z.B. fënnt een um Kap Vert Strand a Mier, a bei eis Flëss a Bëscher. Soss hu mir och nach eng Collage gemaach vun den typesche Monumenter aus hire Länner: bei de portugisesche Kanner war Fatima bekannt, dat brasilianescht Meedchen huet d'Jesusstatu zu Rio genannt, asw.

5. Iessen an de verschiddene Länner

Mir hu mat de Kanner iwwert déi traditionell Platen aus deene verschiddene Länner geschwat, Spaghetti Bolognese aus Italien, Bacalhau aus Portugal, Kniddelen aus Lëtzebuerg, Erdnösstéi aus Brasilien, ... Si hunn hir Lieblingsplate gemoolt, dës Zeechnungen hu mir den Eltere gi mat enger Invitatioun fir eise Projetsowend.

6. De kalen Hond

Mir hunn en typesch lëtzebuergeschen Dessert mat de Kanner gemaach, kalen Hond, an hinnen erkläert, dass et en typeschen Dessert ass hei zu Lëtzebuerg.

7. Ofschloss vum Projet: Iessen aus der ganzer Welt

Mir hunn en Elterenowend organiséiert, op deem d'Elteren de Projet virgestallt kruten a wou si typesch Platen aus hirer Kultur matbréngen konnten. D'Kanner souwéi d'Elteren hu vill geschmaacht, vill matenee geschwat, Rezepten ausgetosch a vill Froen gestallt. Et war e flotten Owend a flott ze gesinn, wéi sech déi verschidde Kulturen ausgetosch hunn a probéiert hunn, mateneen ze kommunizéieren, am Noutfall och mat Hänn a mat Féiss.



Dauer:

Virbereedung an Ëmsetzung

D'Iddi vum Projet ass zimlech spontan entstanen. An eiser Grupp Kanner si vill Kulturen vertrueden, an esou war et fir eis wichteg, dës mat de Kanner ze erfuerschen an doriwwer ze schwätzen. Duerno hu mir 1-2 Mëtter gebraucht, fir eis schrëftlech Preparatioun ze maachen. Hei goufen dann all néideg Informatiounen festgehal, fir de Projet ëmzesetzen: de genauen Oflaf vun den Aktivitéiten, d'Material, dat mir dofir brauchen, d'Ziler, déi mir domadder erreeche wëllen etc. D'Aktivitéiten selwer ware während engem Trimester all 2. Dëschdeg während ongeféier 1-2 Stonnen. Eisen Elterenowend huet 3 Stonnen gedauert.



Impakt

Visibilitéit vum Projet:

Mir hunn eise Projet ugekënnegt an eisem Aktivitéitsplang, hunn d'Eltere regelméisseg drop ugeschwat an haten eng Wand un der Mauer, wou mir Plakater/Collagen/Biller opgehaangen hunn an déi fir all Elteren, Mataarbechter a Kanner zougänglech war.

Aschätzung vum Projet:

Aschätzung vun de Kanner

D'Kanner hu Matgefill gewise fir Kanner aus anere Länner: "Deem säin Auto ass jo futti. Huet hie kee méi schéinen? Deen Aarmen! Ech kann him ee vu mengem ginn."

D'Kanner hunn och, éier mir dës Projet mat hinne gemaach hunn, geduecht, dass d'Kanner, déi eng aner Hautfaarf hunn, all Portugise wieren. Duerch dës Projet hunn se da gesinn, dass dat net stëmmt an dass et vill verschidden Hautfaarwen ginn, déi och net all an engem Land vertruede sinn, mee déi een iwwerall fënnt.

Aschätzung vum Personal

"Also ech perséinlech fannen, dass et e bëssen eng schwéier Matière war fir déi kleng Kanner. Se woussten zum Deel net, wéi eng Sprooch se doheem géinge schwätzen, vu wou se kommen, an och net, vu wou deenen anere Kanner hir Elteren hier kéimen. D'Kanner tëscht 4 a 5 Joer sinn nach ze jonk, fir d'Komplexitéit vum Sujet ze verstoen. Si hunn awer geléiert, dass net all Kanner, déi eng faarweg Haut hunn, automatesch och Portugise sinn. De Projet un sech ass ganz interessant, mee méi adequat fir méi al Kanner."

"Ech hunn dës Projet ganz flott fonnt. Et war mir wichteg, de Kanner ze weisen, dass, egal vu wou ee kënnt op der Welt, een deen aneren akzeptéiere soll wéi en ass, een deem aneren Hëllef soll a keng Ënnerscheeder wéinst der Hautfaarf maache soll. Generell ass bei eis an der Grupp kee grouse Problem domat, well d'Grupp eben och multikulturell ass, an dofir war et och sënnavoll, de Kanner géigesäiteg hir Kulturen e bëssi méi no ze bréngen. Mir kënnen ee vun deem anere léieren."

Den Elterenowend ze plangen, war eng kleng Erausforderung, well d'Elteren heiansdo schwéier ze mobiliséieren sinn aus verschiddene Grënn (si schaffen 40 Stonnen/Woch, hu Rendez-Vous'en, nach Kanner, no deene gekuckt muss ginn, asw.). Dofir hu mir eise Projet vun 17 Auer u gemaach, sou dass si mat Zäiten doheem konnte sinn, wann et néideg gewiescht wier.

Festgestallten Impakt

Et ass eis opgefall, beim Dëscher Ofraume maachen d'Jongen neierdengs genee sou gäre fräiwëlleg d'Dëscher of a kieren de Sall wéi d'Meedercher. Virum Projet hunn haaptsächlech d'Meedercher gebotzt a propper gemaach.

Wéi d'Spillsaachen an d'Bicher fir Niklosdag kaaft gi sinn, huet d'Personal opgepasst, dass d'Bicher an d'Spillsaache geschlechtergerecht a kulturgerecht sinn, sou dass fir all Kand, onofhängeg aus wellechem Land et kënnt a wéi e Geschlecht et huet, eppes dobäi ass.

D'Jonge spille mat de Meedercher zesumme Rollespiller, wou d'Familljeliwwen duergestallt gëtt: si sinn de Papp a passen op d'Popp op a ginn hir z'iessen, iwwerdeems d'Meedercher och mat den Autoe matspillen an op hirem Zännbiischebecher de Logo vu Cars drop gemoolt hunn.

Zuel Kanner an Erwuessener, déi duerch de Projet getraff gi sinn:

Kanner

45 Kanner aus dem Haus

Erwuessener (Eltere souwéi Personal an extern Partner)

35 Elterendeeler - 5 Leit aus der Equipe vun der Maison Relais



Maison Relais Lallange

05

Maison Relais Lallange
23, rue de Mondercange
L-4247 Esch/Uelzecht



Chargé
• **Christophe Biver**

Personal
Edukativ Equipe
• **1 Mann**
Sozialpedagoge (Lëtzebuerger)

• **9 Fraen**
4 Erzéierinnen (all Lëtzebuergerinnen)
5 Agents socio-éducatifs (2 Lëtzebuergerinnen, 3 duebel Nationalitéit, dovunner 2 mat lëtzebuergesch an portugisesch Nationalitéit an 1 mat lëtzebuergesch an italienesch Nationalitéit)

Botzpersonal
• **2 Fraen**
2 Agents d''entretien (1 Lëtzebuergerin an 1 Peruanerin)

Zuel Kanner, déi an der MRE ugemellt sinn:

Total Jongen	63	Total Meedercher	51
Belsch	01		01
Brasilianesch	01		00
Däitsch	01		00
Franséisch	01		01
Kapverdianesch	01		01
Lëtzebuergesch	38		25
Montenegrinesch	00		03
Portugisesch	19		20
Vietnamesesch	01		00

Wéi Fillen ech mech haut?

I. E Stëmmungsbarometer fir Grouss a Kleng

Themen:
Stereotypen a Viruerteeler, Diskriminéierung, Kommunikatioun, Konfliktléisung.

Alter vun de Kanner:
6+ 6 bis 10 Joer

Persounen, déi um Projet geschafft hunn:
3 ErzéierInnen a 4 Agents socio-familiaux hu mat de Kanner um Projet geschafft (Stëmmungsbarometer gebastelt a Gespréicher geleet)



Material:
Klameren
Pabeier a verschiddene Gréissten a Faarwen
Faarwen (Waasserfaarwen, Bläistëfftfaarwen etc.)
Pech
Woll oder dënnt Seel

Beschreibung:

D'ErzéierInnen hunn zesumme mat de Kanner aus dem Cycle 2 an 3 e Stëmmungsbarometer gebastelt, op deem all eenzel Kand an all Erwuessenen all Dag duerstelle kann, wéi hatt/hien sech deem Dag fillt. Unhand vun den Äntwerte leeden d'ErzéierInnen eng Gespréichsronn mat de Kanner, wou si d'Geleeënheet kréien, hir Gefiller oder hir Laun vum Dag ze erklären.

De Stëmmungsbarometer kann dann am Laf vum Dag geännert ginn, wann engem Kand oder engem Erwuessenen seng Stëmmung sech ännert.



Zil(er):

- Kloeerheet schafen esouwuel bei de Kanner wéi beim Personal doriwwer, wéi jiddereen sech fillt a wat jidderee brauch
- Géigesäitegt Verständnes tëscht de Kanner ënnert sech an tëscht de Kanner an den ErzéierInnen fërderen a stäerken
- D'Solidaritéit an d'Hëllefsbereitschaft tëscht de Kanner fërderen a stäerken
- Derzou bäidroen, dass d'Kanner sech an der MRE wuelfillen
- Derzou bäidroen, dass d'ErzéierInnen sech de Kanner hire Besoine besser upasse kënnen
- Konflikter, déi op Mëssverständneser baséieren, virbeugen

Virbereedung:

Et waren am Ganzen 2 Wochen néideg, fir d'Aktivitéit virzebereeden. Wéi bis gewosst war, wéi de Stëmmungsbarometer ausgeséich a wéi e benotzt géif, ass d'Ëmsetze kuerz duerno geschitt.

Eng wichteg Saach, un déi huet misse geduecht ginn, war et, ze identifizéieren, wéi eng verschidde Launen a Gefiller et ginn, fir déi dann am Stëmmungsbarometer duerzestellen.

Eng Erausfuerderung war et, fir d'éischt e gënschtegen Dag fir dës Aktivitéit ze fannen. Well déi 2 Gruppen haaptsächlech méindes, mëttwochs a freides komplett sinn, hunn sech d'ErzéierInnen dann decidéiert, et op deenen Deeg ze maachen. Eng aner Erausfuerderung war et, de Kanner ze hëllef, Wierder op hir Gefiller ze setzen. Hei sinn da Froe gestallt ginn, fir dem Kand dobäi ze hëllef.

Ofaf:

1) Plange vum Projet

Fir d'éischt hu mir Gespréicher an der Equipe a mat de Kanner gefouert, fir d'Aktivitéit ze plangen. Heibäi sinn déi verschidden Ëmsazméiglechkeeten analyséiert ginn an et ass no der Meenung vun de Kanner gefrot ginn, éier de Stëmmungsbarometer gebastelt gouf.

2) Realisatioun vum Stëmmungsplakat

An enger zweeter Phas hu mir dann de Stëmmungsbarometer mat de Kanner gebastelt. Fir déi 2 Gruppe vu Kanner ass dunn de Stëmmungsbarometer direkt an der Entrée respektiv un der Dier vun hirem Sall opgehaange ginn, sou dass d'Kanner direkt beim Erakommen hir "Stëmmungsklamer" ophänke konnten.

3) Gespréicher

De Stëmmungsbarometer gëtt an der Mëttesstonn benotzt, well et déi Zäit ass, wou déi meescht Kanner do sinn a wou genuch Zäit ass, fir op verschidde Saachen kënnen anzegoen. Wann d'Kanner an der Mëttesstonn erakommen, ginn si agelueden, hir Stëmmung matzedeelen, andeems si hir Klamer (mat hirem Numm) bei dee Smiley ophänken, deem hir Laun oder hiert Gefill duerstellt. Nodeems d'Kanner hir Klamer gesat hunn, gëtt nach eng kuerz Gespréichsronn gemaach, wou dann déi Kanner, déi d'Bedierfnis dozou hunn, erkläre kënnen, wisou si sech deem Dag esou fillen.

**Dauer:****Virbereedung an Ëmsetzung**

D'Virbereedung vun dëser Aktivitéit huet 2 Woche gedauert. Wéi déi 2 Stëmmungsbarometeren (ee pro Grupp) gebastelt waren, sinn se dann op d'mannst eemol d'Woch iwwert de Rescht vum Joer "ausgefëllt" ginn.

**Impakt****Visibilitéit vum Projet:**

An den 2 Gruppen ass de Stëmmungsbarometer jeweils op eng siichtbar Plaz opgehaange ginn, sou dass aner Kanner, aner ErzieherInnen an d'Elteren e gesinn, wann si an de Raum kommen. Mir soen de Kanner och soss, dass si gären den Elteren ziele sollen, wat si an der Maison Relais gemaach hunn, sou dass mir dovunner ausginn, dass déi eng oder déi aner Eltere vun der Aktivitéit héieren hunn.

**Aschätzung vum Projet:****Aschätzung vun de Kanner**

D'Kanner, haaptsächlech d'Meedercher vun deenen 2 Gruppen, si ganz begeeschtert iwwert dës Aktivitéit an erkläre gären, wat an hirem Dag gelaf ass, fir dass si sech esou fillen. Bei de Jonge war et am Ufank méi schwéier, an hir Reaktiounen sinn net ëmmer déi nämmelecht. Si sinn een Dag ganz begeeschtert mam Deelen an aner Deeg guer net.

Aschätzung vum Personal

D'Erzieherpersonal ass ganz zefridde mam Stëmmungsbarometer. Et ass ëmmer interessant a wichteg ze verstoen, wat d'Kanner am Dag oder doheem erlebt hunn a wéi sech dat op si auswirkt. Et goufen awer am Ufank Schwierigkeiten, fir d'Aktivitéit och konsequent ze maachen. Kanner an ErzieherInnen vergiessen heiansdo, de Stëmmungsbarometer ze benotzen. Et ass och opgefall, dass et fir d'Kanner schwéier ass, genau ze soen, wéi si sech fillen oder wissou si sech esou fillen. Do hëlleft d'Personal dann alt emol no.

Festgestallten Impakt


D'Gruppendynamik an den 2 Gruppen huet sech geännert. Duerch géigesäitegt Verständnes sinn de Respekt an d'Zesummenaarbecht am Grupp geklomm a Konflikter tauche manner heefeg op.

Zuel Kanner an Erwuessener, déi duerch de Projet getraff gi sinn:**Kanner**

67 Kanner aus der Maison Relais


Erwuessener (Eltere souwéi Personal an extern Partner)

Déi 7 Persounen aus eiser Equipe



Kanns du mir weisen, wéi dat geet?

II. Thematesch an altersgemëschten Atelieren, wou d'Kanner vunenee léiere kënnen



Themen:

Diskriminéierung op Basis vum Geschlecht, Diskriminéierung op Basis vum Alter, Diversitéit, Selbstbestëmmung.

3+

Alter vun de Kanner:

6 bis 10 Joer



Persounen, déi um Projet geschafft hunn:

Dat ganzt Erzéierpersonal vum Haus war heirunner be-deelegt. Dat sinn am Ganzen 12 Leit.



Material:

D'Material, dat fir dës Atelieren néideg ass, hänkt vum Thema a vun der Aktivitéit, déi gemaach gëtt, of

Beschreibung:

All leschte Freiden am Mount ginn de Kanner vu 16 bis 18 Auer 4 verschidden Ateliere proposéiert, wou si sech fräi aschreiwe kënnen, sou dass d'Grupp Kanner, déi an den Ateliere matmécht, altersgemëscht ass. Beispiller vun themateschen Atelieren, déi mir schonn ëmgesat hunn, sinn: atypesch Beruffer no Geschlecht, Theater, Sport, Relaxatioun, Mini-Playback-Show, Fräispill, Danzatelier fir Meedercher a Jongen, thematescht Bastelen. Deemno wéi eng aner Projeten am Gaang sinn a wéi d'Motivatioun bei de Kanner ass, proposéiere mir och een Atelier, dee schonn existéierend Projeten oder Aktivitéite weiderféiert.



Zil(er):

- All Kand kritt d'Méiglechkeet gebueden, sengen Interessien nozegoen
- D'Solidaritéit an d'Hëllefsbereitschaft tëscht de Kanner gi gefërdert a gestärkt: déi méi al Kanner hëllef deene méi jonke Kanner
- D'Kanner ginn d'nämmelecht behandelt
- D'MRE gëtt alle Kanner gerecht: se geet op alle Kanner hir Interessien an
- D'Kanner kënnen verschidden (nei) Kompetenzen entwéckelen
- D'Kanner léieren nei Aktivitéite kennen
- D'Autonomie an d'Selbstbestëmmung vun de Kanner gi gefërdert a gestärkt

Virbereedung:

Éier mir mat den Atelieren u sech ugefaangen hunn, hu mir se an der Equipe logistesche geplangt. An anere Wieder, mir hunn eis iwwerluecht, wéivill Plaz mir brauche géngen, wéi eng Raim fir wéi een Typ vun Atelier gënschteg wieren oder och nach ween sech ëm wat këmmere géng. Deemno wéi eng Atelieren duerchgefouert goufen, huet dunn och missten u Material geduecht ginn. Zum Beispill fir den Atelier Relaxatioun hu mir Yogamatte gebraucht. Dann huet och missten un d'Andeelung vum Personal geduecht ginn: wee këmmert sech ëm wéi een Atelier. D'Kenntnesser, déi néideg waren, hunn och vum Atelier ofgehaangen. Wichteg war awer, dass déi ErzéierInnen, déi den Atelier geleet hunn, sech mam Thema auskannt hunn. Hei hu mir eis haaptsächlech op d'Expertise vun den ErzéierInnen baséiert.

Déi gréisst Erausforderung fir dësse Projet war et, d'Atelieren altersgerecht ze gestalten. Well mir awer altersgemëschte Gruppen haten, hu mir d'Schwierigkeetsgrader un d'Kanner ugepasst. Zum Beispill hu mir fir d'Theaterstéck, dat zum Schluss vum Joer opgefouert gouf, eng Auer aus Pappmaché gebastelt. Hei sinn dann déi verschidden Schrëtt un d'Alter vun de Kanner ugepasst ginn: déi méi jonk Kanner hunn dann haaptsächlech ausgeschnidden a faarweg gemoolt, an déi méi al hunn sech un d'Zesummebastele vun der Auer ginn. Hei war et eis awer zousätzlech och wichteg, de Kanner de Fräiraum ze ginn, sech u verschidden Aufgaben erunzetaaschten a matzehëllefen. Wann et da wierklech ze schwéier war, hu mir hinnen aner Aufgabe proposéiert.

Ofaf:

1) Plang vum Projet

An enger éischter Phas hu mir an der Equipe während eisen Teambesprechungen iwwert de Projet geschwat an eis iwwerluecht, wéi, wou a wéini d'Ateliere stattfanne kéinten. Et war och während dësse Besprechungen, wou decidéiert ginn ass, dass ee vun de 4 Atelieren ëmmer Fräispill sollt sinn, fir de Kanner, déi all Dag an der Maison Relais sinn, net ëmmer encadréiert Aktivitéiten ze proposéieren.

2) Observéiere vun de Kanner

D'ErzéierInnen hunn da während deenen 3 Woche virum leschte Freiden am Mount d'Kanner observéiert an d'Observatiounen dokumentéiert, fir méiglech Theme fir d'Atelieren ze identifzéieren. Am Laf vun de Méint hunn d'Kanner dann och selwer Theme proposéiert.

3) Opstelle vun engem Plang vun deene verschiddenen Ateliers

Wann d'Ateliere respektiv d'Theme fir d'Ateliere feststinn, da ginn se opgeschriwwen an opgehaangen, sou dass all Kand sech an déi verschidden Atelierschreibe kann. Hei gëtt just eng Limit gesat vun der maximaler Zuel Kanner, déi pro Atelier opgeholl ginn. Wann den Atelier voll ass, da mussen d'Kanner sech an en aneren aschreiwien.

4) Duerchféiere vun den Ateliers

D'Ateliere selwer sinn all leschte Freiden am Mount vu 16 bis 18 Auer.



Dauer:

Virbereedung an Ëmsetzung

Mir hunn ongeféier zwou Woche gebraucht, fir déi thematesch Ateliere logisteschem ze plangen: ob et mat der Plaz géing duergoen, ob ëmmer genuch Personal während deenen 2 Stonnen am Haus wier, ob mir genuch Theme kéinten identifizéieren an sou weider. Fir d'Ateliere selwer dunn ze preparéieren sinn déi zwou Stonnen Teambesprechung eng Woch virdru genotzt ginn.



Impakt

Visibilitéit vum Projet:

Mir encouragéieren d'Kanner, mat hiren Elteren iwwert all d'Aktivitéiten, déi mir an der Maison Relais maachen, ze schwätzen, sou dass d'Eltere vun hire Kanner selwer oft vun de Projeten héieren. Bei dësem Projet, spezifesch, sinn d'Elteren och nach vum Projet gewuer ginn, well se d'Plakat, wou déi proposéiert Ateliers drop stoungen, gesinn hunn.



Aschätzung vum Projet:

Aschätzung vun de Kanner

D'Kanner ware vu verschiddenen Ateliere begeeschtert an hunn sech aktiv dru bedeelegt. A verschiddenen Ateliers, sou wéi Theater, hunn d'Kanner als Ofschloss e Stéck oder en Danz virun der MRE opgefouert. Déi Kanner, déi all Dag an der Maison Relais sinn, waren och frou driwwer, am Fräispiell déi Saachen ze maache respektiv ze spillen, déi si dee Moment wollten.

Aschätzung vum Personal

D'Erzéierpersonal huet et flott fonnt, Aktivitéiten ze proposéieren, an deene Kanner sech abréngen, well se et selwer auswiele konnten. D'Theme vun den Ateliere waren och zimlech schnell fonnt duerch d'Observéieren vun de Kanner an enger éischter Phas an dunn och duerch déi verschidde Proposen, déi d'Kanner selwer gemaach hunn. Schwierig war et, d'Ateliers esou ze gestalten, dass se all Alter gerecht gi sinn. E grouse Virdeel hei war d'Konstellatioun vun de Gruppen: doduerch dass se altersgemëscht waren, konnten déi méi al Kanner deene méi jonken hëllefen, wann déi net weiderwossten oder frustréiert waren.

Festgestallten Impakt

Den Zesammenhalt vun der ganzer Grupp Kanner ass gestärkt ginn duerch dëse Projet. Doduerch, dass d'Kanner sech fräi an d'Ateliers aschreibe kënnen, sinn altersgemëschte Gruppe bei de proposéierten Aktivitéiten entstanden, an esou si souwuel nei Bekannte gemaach ginn, wéi nei Frëndschaften entstanden. Kanner, déi sech virdrun net kannt hunn, hunn sech duerch déi Ateliere kennegeleiert.

Zuel Kanner an Erwuessener, déi duerch de Projet getraff gi sinn:

Kanner

Dëse Projet ass am ganzen Haus gemaach ginn, sou dass all Kanner betraff waren. Am Ganze waren dat 114 Kanner.

Erwuessener (Eltere souwéi Personal an extern Partner)

Ausser dem Erzéierpersonal ware keng aner Persounen betraff.



Maison Relais, Parc Laval

06



Maison Relais Parc Laval
51, rue Large
L-4204 Esch/Uelzecht



Chargée
• Manon Block

Personal
Edukativ Equipe
• 16 Fraen
13 Erzéierinnen (11 Lëtzebuergerinnen, 1 Däitscht an 1 Portugisin)
2 Sozialpädagoginnen (allen 2 Lëtzebuergerinnen)
1 Aide socio-éducative (Lëtzebuergerin)

• 3 Männer
3 Erzéier (1 Portugis, 1 Lëtzebuerger an 1 polnesch Nationalitéit)

Zuel Kanner, déi an der MRE ugemellt sinn:

Total Jongen	36	Total Meedercher	36
Däitsch	01		01
Franséisch	01		01
Italienesch	01		01
Kapverdianesch	01		00
Kolumbianesch	02		00
Lëtzebuergesch	10		15
Polnesch	00		01
Portugisesch	19		17
Tunesesch	01		00

Wat ënnerscheet eis? Wat hu mir gemeinsam?

I. Diversitéit entdecken a verstoen kënnen

Themen:
 kulturell Villfalt (Sprooch, Traditionen, Relioun, Geschlecht asw.), Diskriminéierung op Basis vum Ausgesinn (Hautfaarf, besonnesch Merkmalen ...), Diskriminéierung op Basis vum "Kënnen" (haauptsächlech um sproochleche Level)

4+ Alter vun de Kanner:
 4 bis 6 Joer

Persounen, déi um Projet geschafft hunn:
 2 ErzieherInnen
 1 Aide socio-familiale



Material:
 Grouss Plakater, op déi de ganze Kierper vun de Kanner gemoolt ka ginn, Gips fir ze bastelen a Faarwe souwéi Bastelmaterial (Pech, Stickeren, Material fir ze dekoréieren asw.)

Beschreibung:

An dësem Projet ass et drëms gaangen, d'Kand am Eenzen ewéi an der Grupp bei der Sich no senger Identitéit ze begleeten an ze ënnerstëtzen, mam Schwéierpunkt op Multikulturalitéit an d'Villfalt u Gemeinsamkeeten an Ënnerscheeder innerhalb vun der Grupp.



Zil(er):

- D'Kanner ginn an hirer identitärer Entwécklung ënnerstëtzt
- D'Selbstwäertgefill vun de Kanner gëtt gestärkt
- D'Kanner léieren, dass et allerlee Ënnerscheeder tëscht hinne gëtt
- D'Kanner léieren, dass net jiddereen alles kënnen muss a kann
- D'Kanner léieren, dass et verschidde Geschlechterrollen gëtt an dass d'Geschlecht op verschidden Aart a Weisen ausgelieft ka ginn
- D'Kanner léieren, Ënnerscheeder ze erkennen an ze respektéieren
- D'Hëllefsbereedtschaft an d'Zesummeliewe gi gefërdert
- Der Diskriminatioun tëscht de Kanner gëtt virgebeugt

Virbereedung:

Hei war et kloer, dass et wichteg wier, Kenntnesser iwwert déi verschidde Länner, Kulturen, Traditionen a Reliounen ze hunn. Fir sech deementspreechend op Gespréicher mat de Kanner virzubereeden, huet d'Personal sech duerch Liese vu Bicher, informal a formal Gespréicher an der Equipe an an der Schoul an duerch Nokucke vu fréiere Projeten iwwert dës Themen informéiert. Wichteg war awer och, dass d'Personal selwer Stereotypen a Viruerteeler, déi mat dësen Themen ze dinn hunn, am Viraus kannt huet, respektiv sech domidden auserneegesat huet, fir kënnen, während de Gespréicher, allgemeng, kulturell a reliéis Meenungen a Virstellungen, déi mir an d'Kanner hunn, opzegräifen, zesummen a Fro ze stelle souwéi d'Kanner bei hirer Froestellung ze ënnerstëtzen. Dat néidegt Basiswëssen heiriwwer (Stereotypen a Viruerteeler) hu mir an der Formatioun Gender 4 Kids geléiert.

Eng Erausforderung war et, déi verschidden ugeschwaten Themen an enger einfacher Sprooch ze erklären, sou dass all Kand se verstoe konnt. Dës war haauptsächlech bei Kanner mat auslännescher Hierkunft [firwat net: bei auslännesche Kanner?] wichteg. Mir hunn hinnen da Verschiddenes, wann et néideg a méiglech war, an hir Mammesprooch oder an eng aner Sprooch, déi si besser verstinn, iwwersat. Bei den éischte Gespréichsronne war et awer fir e groussen Deel vun de Kanner a fir d'Personal schwier, bis dass jiddereen sech dorunner gewinnt hat. Am Laf vum Joer ass dat dann och ëmmer besser gaangen.



Oflaf:**1. Erzielkrees ronderëm Thema**

Mir hu spontan Gespréichsronne mat de Kanner gemaach, wou si am Krees souzen an d'ErzéierInnen hinne Froen gestallt hunn, wéi z.B.: Gesi mir all d'nämmelecht aus? Wisou? Wisou net? Wat ass anescht? Oder d'selwecht?

2. Choix vun den Aktivitéiten

Als Resultat vun dëse Gespréichsronne sinn da verschidde kleng Aktivitéiten entstanden, duerch déi d'Villfalt vun der Grupp visuell konnt observéiert ginn. Sou hu mir zum Beispill all de Kanner an Erzéier hir Nuese gegipst an se duerno verglach, fir Ennerscheeder a Gemeinsamkeiten ze fannen.

3. Ofschléissend Aktivitéit

Ofschléissend zu de verschiddene Gespréichsronnen, a fir de Kanner hir nei Erkenntnesser ze festlegen, hu mir iwwert individuell liewensgrouss Portraiten an duerch d'Ausstellung vun de Kanner an dem Personal hire gegipsten Nuesen d'Villfältigkeit vum ganzen Haus visuell duergestallt.

4. Villfalt am Alldag opgräifen

Niewebäi hu mir och aldeeglech Situatiounen opgegraff, déi zu den Theme vum Projet passen, als kleng Erënnerung oder als neien Impuls fir weiderzemaachen. Am Laf vun den Deeg hu mir also Saachen opgegraff, déi geschitt sinn oder gesot gi si vun de Kanner, an déi dann an enger Ronn mat hinnen ugeschwat. Sou konnte Froen, déi d'Kanner iwwert aner Kulturen oder Reliounen hatten, beäntwert ginn an och hiert Verständnes fir allerlee Ennerscheeder, déi si tëscht sech entdeckt hunn, gestärkt ginn.

**Dauer:****Virbereedung an Ëmsetzung**

De Projet u sech ass iwwert dat ganz Joer gaangen. D'Aktivitéiten waren net am Viraus festgeluegt a si meeschtens spontan geleet ginn, deemno wat während der Woch oder deenen Deeg virdrun sou opgegraff gouf. D'Gespréichsronne selwer goufen och da gemaach, wann Zäit dofir do war.

**Impakt****Visibilitéit vum Projet:**

No enger Gespréichsronn hunn d'Kanner sech selwer op e grousst Plakat gemoolt, fir hir Villfältigkeit visuell duerstellen. Dës Biller goufen dann am Gank opgehaangen. An engem spéidere Moment hu mir och d'Nuese vun de Kanner a vum Personal gegipst, agerummt an am Sall opgehaangen, do wou jiddereen se bestaune konnt. Op der Fuesparty huet den Educateur sech zweemol verkleet: eng Kéier als Fra an eng Kéier als Prisonnéier (et ass och o.k., eng Fra ze sinn als Mann). D'Elteren an och déi aner Kanner a Mataarbechter vum Haus sinn duerch dës verschidden Aktivitéiten iwwert de Projet informéiert ginn.

Aschätzung vum Projet:**Aschätzung vun de Kanner**

Et ass eis opgefall, dass d'Kanner virwëtzig iwwert d'Thema sinn an aktiv probéieren ze verstoen, wouhier déi Ennerscheeder da kommen a wéi si domadder kéinten eens ginn.

Si hunn zimlech séier ugefaangen, Ennerscheeder a Gemeinsamkeiten am Ausgesinn ze sichen an opzezielen. Hei ass hinnen dann och opgefall, dass Zwillingsgeschwëster, déi bei eis am Haus sinn, sech schonns vum Ausgesinn hier gläichen, sech awer ennerschiddlech behuelen. Kanner hunn dann och spontan gesot, dass et komesch wier, wa jiddereen d'nämmelecht wier, sou wéi wa jiddereen deen nämmelechten Numm hätt.

Am Laf vun de Gespréicher hunn se dann och Verbindunge gesinn tëscht deene Saachen, déi mir ugeschwat hunn, an hirem Alldag: "Meng Mama huet och ..." An si hunn dann och ugefaangen, Froen ze stellen, wéi zum Beispill: "A firwat?", "Wisou hu mir dat net alleguerten?", an si hunn hir Ennerscheeder a Gemeinsamkeiten identifizéiert: "Hien an ech och!", "Mee bei him ass et net esou!"

Aschätzung vum Personal

Mir ware positiv iwwerrascht iwwert den Impakt, deen dëse Projet op d'Kanner an op d'Liewen an der Maison Relais huet. Et hunn sech erstaunlech séier Saachen zum Positiven hi geännert. D'Bezéiungen zu de Kanner souwéi tëscht de Kanner hunn sech verbessert, sou dass d'Atmosphär am Haus Rou an Zefriddenheet vum Personal a vun de Kanner vermëttelt.

Festgestallten Impakt

No dem éischten Trimester konnte mir eng Verännerung vun der Atmosphär an der Grupp feststellen, wann och net bei all Eenzelem, mee insgesamt klappt et awer besser: D'Akzeptanz (zemoos) vu méi schwache Kanner ass wesentlech besser, déi géigesäiteg Hëllef ass och méi präsent. Et ass de Kanner elo méi kloer, wat si ennerscheet an och wat si gemeinsam hunn. Si verstinn sech och besser a wëssen elo och, dass dat eent oder dat anert Kand besser oder manner gutt ass a spezifesch Saachen (Sport, Molen etc.). Mir hunn am Haus ee Kand, dat sech nach net sou gutt ausdrécke kann. Déi aner Kanner hunn dat dann no enger Zäit akzeptéiert a froen elo méi oft no, wann si et net verstanen hunn.

D'Fairness, d'Empathie an d'Zesammenhalen tëscht de Kanner sinn och däitlech gewuess. Beim Mëttegiessen zum Beispill, wann se d'Sätzplazen ënnert sech opdeelen, huelen se Rücksicht drop, wien deen Dag virdru wou souz, sou dass net ëmmer déi nämmelecht Kanner beim Erzéier oder der Erzéierin sëtzen. D'nämmelecht, wa mir zesammen ennerwee sinn. Si passen dann och op, dass si ofwiessend beim Erzéier oder der Erzéierin sinn. Sätz wéi: "Hëllef him!" oder "Hien ass e bësse méi kleng a kann dat nach net. Mir kënnen him dobäi hëllefen", kommen elo och méi heefeg vun de Kanner selwer.

Verschidde präzis Momenter oder Erfahrung si bei verschiddene Kanner erstaunlech gutt an op laang Zäit hänke bliwwen, wat eis positiv iwwerrascht huet. Si schéngen sech och einfach spontan méi um Liewen am Haus ze bedeelegen. Si hëllef spontan bei aldeeglechen Aufgaben, maachen sech géigesäiteg och op hiert Verhalen opmierksam an hëllefen eent deem aneren. Beim Sträit ass eis dat kloer opgefall. Si kommen elo manner heefeg bei d'ErzéierInnen ëm Hëllef froen a probéieren, hir Oneenegkeete selwer ze léisen.

Et ass eis och opgefall, dass verschidden Elteren sech méi wuel spieren an der MRE. Si komme vum selwen an d'Säll eran an op eis zou, iwwerdeems se nach virun e puer Méint an der Dier vum Sall stoe bliwwen sinn an eréischt an de Raum getruede sinn, wann se dozou opgefuerdert goufen.

Zuel Kanner an Erwuessener, déi duerch de Projet getraff gi sinn:**Kanner**

14 bis 18 Kanner

Erwuessener (Eltere souwéi Personal an extern Partner)

All d'Eltere souwéi dat ganz Personal sinn och indirekt vum Projet getraff ginn.

Aus wéi enger Famill kënns du?

II. Villfältigkeet innerhalb vun de Familljen

blabla..

Themen:
Diskriminéierung op Basis vu Familljekonstellatiounen (monoparental, homosexuell Koppelen, Geschlechterrollen, grouss/kleng Familljen, intergenerationell Familljen asw.), Familljegewunnechten an Traditiounen.

Alter vun de Kanner:
18m+ 18 Méint bis 4 Joer

Persounen, déi um Projet geschafft hunn:
Aus der Maison Relais selwer hunn 2 ErzéierInnen an 1 Aide socio-familiale un dësem Projet geschafft. D'Eltere vun de Kanner souwéi d'Kanner selwer goufen och agelueden, sech ze bedeelegen.



Material:
Bastel- a Molmaterial,
Fotografie vun de Kanner
an hirer Famill an/oder
Besuchsperson(en)

Beschreibung:
An dësem Projet ass et dréms gaangen, eng Familljewand am Haus opgeriichten, wou de Kanner hir Famill an/oder hiert net Ëmfeld duergestallt gëtt. Déi Familljewand ass op Plazen opgeriicht ginn, wou all Kand, ouni op en Erwuessemen ugewisen ze sinn, d'Fotografie kucken konnt. Dës Familljeneck ass dofir op Aenheicht vun de Kanner an esou platziert, dass d'Elteren se och ëmmer rëm gesinn a mat de Kanner an eis iwwert d'Fotografie schwätze kënnen.






Zil(er):

- D'Kanner kréien e berouegend a gewinntend Ëmfeld an der Maison relais ugebueden
- De Kanner gëtt d'Gefühl ginn, dass d'Famill ëmmer präsent ass
- D'Kanner an d'Eltere fillen sech wëllkomm an der MRE
- De Kanner hiert Selbstwäertgefühl gëtt gestärkt
- D'Kanner léieren verschidde Familljekonstellatiounen kennen
- D'Kanner léieren d'Besuchsperson(en) vun deenen anere Kanner kennen an huelen an Uecht, dass et bei jidderengem anescht ass
- D'Verständnes am Grupp gëtt gestärkt (d'Kanner verstinn, dass si aus verschidde Famillje kommen a verschidden Erfahrungen an hire Famillje maachen)

Virbereedung:
Fir dës Projet war et eis wichteg, am Virus mat den Elteren iwwert de Projet ze schwätzen, sou dass mir och op hir Ängschten a Wënsch agoe konnten. Et war awer och wichteg, dass d'Personal informéiert war iwwert déi verschidde Familljegeschichte vun de Kanner, fir dass et sech op verschidde kriddeleg Situatiounen konnt virbereeden.
Et war néideg, sech mat verschiddenen allgemeng akzeptéierten Normen auserneezenesetzen, fir dass mir de Kanner net d'Gefühl vermëttelen, dass verschidde Familljekonstellatiounen oder Gewunnechte "besser" wiere wéi aner. D'Formatioun Gender 4 Kids ass fir dës Gedankevirgänger hellfräich gewiescht.



Oflaf:**1. Familjewand ausféieren**

An enger éischer Phas hu mir op engem Elterenowend den Eltere vum Projet erzielt an si gebieden, Fotoe vun hirem Kand/hire Kanner an hirem Ëmfeld matzebréngen, fir se op der Fotowand auszustellen.

Mir hunn dunn, mat Hëllef vun de Kanner, d'Fotoe sortéiert an déi ausgewielte Fotoen op e grousst Plakat gepecht a beschrëft, sou dass bei all Fotoen ze erkenne war, wien seng Famill et war. Et gouf du plastifizéiert, fir dass d'Kanner d'Fotoen och upake konnten, souvill se wollten.

2. Villfalt entdecken

An enger drëtter Phas, wéi d'Plakat fäerdeg war, hu mir unhand vun de Fotoen de Kanner hir Familljen, déi verschidde Memberen a Frënn vun der Famill souwéi d'Konstellatioun vun all eenzel Famill virgestallt. Mir hunn eis och nach weiderhi während dem Joer, zu net festgesaten Zäiten, spontan mat de Kanner virun d'Fotowand gesat, an d'Kanner hunn sech gefreet, hir Familljememberen deenen anere Kanner ze weisen an ze benennen an iwwert schéi Momenter, déi se erlieft hunn, ze zielen.

3. D'Maison Relais, Integratiounssymbol

Fir dat Gefill vu Vertrautheet ze verstärken, hu mir d'Kanner gefrot, zesummen e Bild ze molen, dat d'Crèche duerstellt. Op deem Bild war et eist Uleies, dass d'Haus (d'Crèche) als Symbol fir d'Integratioun vun all Kand, der Famill an dem Personal duergestallt gouf. D'Endresultat war e Bild, wou d'Crèche an der Mëtt war, a ronderëm dat Gebai ware Fotoe vun all de Kanner an hirer Famill. Als Ofschluss konnten d'Kanner d'Bild an d'Fotowand personaliséieren, andeems se Stickeren eraussichen an derbäi peche konnten.

**Dauer:****Virbereedung an Ëmsetzung**

Vun der Virbereedung bis zur Fäerdegstellung vun deem Projet huet et ongeféier 5 Méint gedauert.

Am Dezember gouf de Projet den Eltere virgestallt, a vum Januar u goufe Familljefotoe lues a lues derbäigesat a beschrëft. Am Abrëll war d'Fotowand du komplett.

Duerno gouf d'Familljewand nach weider iwwert d'Joer benotzt, fir mat de Kanner iwwert hir Famill an Erleefnesser mat hire Besuchspersounen ze schwätzen.

**Impakt****Visibilitéit vum Projet:**

Mir hunn um Elterenowend de Projet virgestallt an en Informatiounsblat ausgedeelt. D'Fotowand selwer ass fir d'éischt offiziell op eisem Ouschterkaffi virgestallt ginn a gouf duerno am Sall (do, wou d'Grupp vun de Kanner ëmmer ass) opgehaangen, sou dass d'Elteren se och gesinn, wann si hir Kanner siche kommen.

Zum Schluss vum Joer, virun der grousser Vakanz, hunn d'Kanner hiert Plakat mat heem kritt, sou dass se eng schéin Erënnerung hunn.

Aschätzung vum Projet:**Aschätzung vun de Kanner**

“Dat ass meng Mamma, mäi Pappa, mäi Brudder, meng Schwëster”: D'Kanner ware frou, iwwert hir Famill kënnen ze schwätzen an se deenen anere Kanner virstellen.

D'Kanner sinn dunn och virwëtzeg iwwert aner Famillje ginn an hunn deenen anere Kanner Froen iwwert hir Famillje gestallt.

D'Fotowand selwer gëtt elo nach oft vun de Kanner gekuckt an et gëtt driwwer geschwat.

Aschätzung vum Personal

Mir hu bei de Kanner observéiert, dass si am Ufank vill op hir eege Famill fokusséiert waren, an duerno hunn si sech lues a lues och fir deenen anere Kanner hir Familljen intresséiert an hunn dann nogefrot, wien déi Persounen op de Fotoe wieren, wéi et bei deenen aneren doheem ausgesäit an sou weider. 't ass also opgefall, dass d'Kanner e Prozess duergemaach hunn, wou si sech fir d'éischt an hire Fotoen rëmfonnt hunn a valoriséiert gefillt hunn, an dunn op Interessi fir aner Kanner an aner Liewensweeër eriwuer gaange sinn.

D'Matgefill vun de Kanner gouf och duerch dëse Projet verstärkt. Dat war ze erkennen un de Reaktiounen vun de Kanner, wann si anere beim Erziele vun schéinen Erleefnesser nogelauschert hunn – si hunn sech oft mat gefreet.

Mir hu bei deem Projet bedauert, dass mir bei verschiddenen Elteren oft hu missten no Fotoe froen an si drun erënneren, eis se matzebréngen. E puer Eltere sinn och net vum selwen d'Plakat kucke komm, a mir haten doduerch nach wéineg Geleeënheet, eis mat hinnen doriwwer auszetauschen.

Festgestallten Impakt

Am Grousse Ganzen hu mir bemierkt, dass d'Kanner sech méi fir déi aner Kanner intresséieren, an dass hiet Matgefill sech verstärkt huet. Bei der Ronn, wou all Kand seng Famill virstelle konnt, huet een duerch d'Froen, déi si eent deem anere gestallt hunn, den Interessi unenee konnte feststellen. Och haut ginn d'Kanner nach gäre bei d'Familljewand a schwätze mat eis a mat deenen anere Kanner driwwer.

Zuel Kanner an Erwuessener, déi duerch de Projet getraff gi sinn:**Kanner**

12 Kanner

Erwuessener (Eltere souwéi Personal an extern Partner)

22 Elterendeeler (Pappen a Mammen, souwéi aner Besuchspersounen)

Maison Relais Léon Jouhaux



Maison Relais Léon Jouhaux
Rue Léon Jouhaux
L-4155 Esch/Uelzecht



Chargée
• Elisabete Da Silva Correia

Personal
Edukativ Equipe
• 4 Fraen
1 Sozialpädagogin (Lëtzebuergerin-Portugisin)
3 Agents socio-éducatifs (2 Lëtzebuergerinnen an 1 Lëtzebuergerin-Jugoslawin)
• 1 Mann
Erzéier (Lëtzebuerger)

Botzpersonal
• 1 Fra
Agent d'entretien (Lëtzebuergerin)

Zuel Kanner, déi an der MRE ugemellt sinn:
49 Kanner an 2 Gruppen agedelt, dovunner sinn der 23 Jongen a 26 Meedercher

Belsch	01
Duebel Nationalitéit	01
lëtzebuergesch-franséisch	
Duebel Nationalitéit	01
lëtzebuergesch-Portugisesch	
Italienesch	01
Jugoslawesch	02
Kapverdianesch	01
Lëtzebuergesch	22
Portugisesch	12
Ungaresch	01
Franséisch	07

Boys' Day, Girls' Day

I. Traditionell typesch Beruffer fir Männer a Fraen a Fro stellen



Themen:

Gläichberechtigung tëscht Mann a Fra an der Berufswelt, an der Famill, am Frëndeskreies an am sozialen Ëmfeld, Geschlechterrollen, geschlechtlech Identitéitsentwécklung.

4+

Alter vun de Kanner:

4 bis 9 Joer

Persounen, déi um Projet geschafft hunn:

1 Erzéier

4 Aides socio-éducatives

1 Stagiaire

Eis extern Partner fir dëse Projet waren d'Police vun Esch/Uelzecht an de Blummebuttek Flower Sensation, och vun Esch/Uelzecht.



Material:

Bastel- a Molmaterial, Gezei vu verschiddene Beruffer

Beschreibung:

D'Kanner entdecken, dass vill typesch Geschlechterrollebiller an eiser Gesellschaft net fest sinn, mee wandelbar, an dass dës Rollebillen sou fest an eise Käpp verankert sinn, dass vill Mënschen se net a Fro stelle kënnen/wëllen. E Groussdeel vun de Leit, an also och Kanner, verbanne munch Beruffer wéi beispillsweis Bäcker, Metzler, Polizist, Handwierker, Mécaniciens, Welt-Fussballspiller, fir nëmmen e puer Beispiller ze nennen, mat Männer. Beruffer am Zesammenhang mat Kannererzéiung, Botzen, Kierperfleeg ginn dogéint meeschtens direkt mam weibleche Geschlecht associéiert. Mat dësem Projet kréie Kanner gewisen, dass et keen typesch Rollebild an de Beruffer wéi och an der Famill an an der Gesellschaft gëtt.

D'Beruffer souwéi d'Rollen, déi d'Mënschen an eiser Gesellschaft unhuelen an duerstellen, sinn net typesch Fra oder typesch Mann. E Mann ka gradesou gutt op d'Kanner oppassen, kachen oder botzen, wéi eng Fra Fleesch schneiden oder en Auto reparéiere kann.



Zil(er):

- Duerch gezielten Aktivitéite gëtt eng Verännerung vun der Denkweis an der Usicht iwwert Berufsbiller an d'Rollebild Mann/Fra ugeregelt, an domat ginn och de Kanner hir kognitiv Fähegkeete gefërdert.
- D'Sozialkompetenze vun de Kanner an d'Gruppendynamik ginn duerch aktiv Zesummenaarbecht souwéi Gruppenaarbechte gefërdert: si léieren hei, sech géigesäiteg ze respektéieren, eent deem aneren nozelauschten an sech auszudrécken
- Klischeeën a Viruerteiler iwwert Geschlechterrolle ginn ofgebaut.

Virbereedung:

Éier de Projet u sech lassgaangen ass, huet missten dru geduecht ginn, e kannergerecht an zemools altersgerecht opzebauen. Ausserdeem huet missten dru geduecht ginn, dass de Spaassfaktor fir d'Kanner dobäi sollt sinn, fir dass de Projet net ze vill schoulesch gëtt. Ee weideren Aspekt, op deem opgepasst huet misste ginn, war dass de Projet net nëmmen Theorie an theoretescht Wësse beinhalte sollt, mee och vill flott praktesch Übungen.

D'Equipe, déi sech de Projet ausgeduecht an en duerghefouert huet, huet un de Moduler vun der Formatioun "Gender4Kids" deelgeholl, fir dat néidegt Grondwëssen zum Thema Gender ze hunn. Weider Recherchen am Internet an a Bicher souwéi informell Gespréichsronnen an der Equipe ronderëm d'Thema hunn eis dann erlaabt, eist Wëssen ze erweideren.

Mir sinn dann och nach am Laf vum Projet op Erausforderunge gestouss. Eng gewëssen Zuel Kanner huet munch Beruffer net kannt, oder si wossten net, wéi e Beruff hir Elteren hunn. Dowéinst huet d'Personal déi eenzel Beruffer nach emol belicht an de Kanner dës kannergerecht virgestallt. Ausserdeem hunn d'Kanner doheem nogefrot, wat hir Eltere schaffen, sou dass de Projet och extern weidergedroe gouf.

An der Mëtt vum Projet hat eng gewëssen Zuel Kanner de "Message" vum Projet verstanen, a fir dass et hinnen net langweilig géif, si munch Aktivitéiten un d'Wësch vun de Kanner ugepasst ginn.

Ofaf:

1. Intro

Bei der éischter Aktivitéit huet et sech ëm eng einfach Introduktioun mat Gespréichsronn gehandelt. Hei sollten d'Kanner zielen, wéi eng Beruffer se kennen a wéi e Beruff hir Elteren hunn. Duerno sollten d'Kanner soen, wéi eng Beruffer si mat Männer géinge verbannen a wéi eng mat Fraen. Hei-bäi kruten d'Kanner Kaarten ausgedeele, wou Beruffer drop stoungen, déi se da je no Geschlecht (Mann oder Fra) zortéiert hunn. Déi méi jonk Kanner haten op hire Kaarte Biller aplaz vum Numm vum Beruff, duerch déi d'Berufspersounen duergestallt goufen.

Duerno ass de Kanner erkläert a gewise ginn, dass d'Beruffer vu jidderengem praktizéiert kënnen ginn, souwuel vu Männer wéi och vu Fraen. Ofschléissend zu dëser Aktivitéit hu mir mat hinnen zesumme gekuckt, wisou mir eigentlech déi Zesammenhäng awer maachen, och wann et net der Realitéit entsprécht.

2. Verännerung vum typesche Rollebild

Bei der Aktivitéit 2 sollten d'Kanner zwou verschidden Aufgaben, baséiert op zwee verschiddenen Aspekter, erfëllen.

Den éischten Aspekt huet op d'Rollebild an de Familljen opgebaut. Dowéinst sollten d'Jongen aus der Kannergrupp e Papp molen, deem de Stot doheem mécht respektiv kacht oder/a botzt. D'Meed-ercher dogéint sollten eng Fra molen, déi de Stot net mécht, mee schaffe geet respektiv Chef an engem Büro ass.

Heibäi sollt de Kanner Gläichberechtigung an de Familljen op visuell Aart a Weis méi no bruecht ginn a gewise ginn, dass sech d'Rollebiller an eiser Gesellschaft geännert hunn.

Der Kreativitéit vun de Kanner sollt heibäi keng Grenze gesat ginn. Aus dësem Grond sollten de Kanner allerlee Zorte vu Faarwen zur Verfügung gestallt ginn (Waasserfaarwen, Bläistëftsfaarwen, Wuessfaarwen, Tuschbicer, etc.) wéi och allerlee Bastelmaterialien.

Duerno sinn d'Kanner fir hir gutt Aarbecht gelueft ginn, an et ass mat hinnen iwwert d'Biller geschwat ginn.

D'Biller vun de Kanner si gutt siichtbar am Sall oder am Gank opgehaange ginn, fir de Projet och no bausse siichtbar ze maachen, fir dass d'Elteren owes, beim Ofhuele vum Kand, eppes vum Projet gesinn.

3. Bastele vun engem Plakat / enger Collage

Hei sinn d'Kanner a kleng Gruppen agedeelt ginn an hunn sech selwer an engem "Geschlechter-ontypesche" Beruff gemoolt. Sou hunn d'Kanner grouss Plakater gemoolt, déi herno gutt siichtbar an de Säll (an am Gank vun der Maison Relais) opgehaange gi sinn.

4. Beruffer-Memory

An dëser Etapp vum Projet huet d'Erzéierequipe e Beruffer-Memory mat de Kanner gebastelt, deen herno zesumme mat de Kanner gespillt ginn ass. Heibäi war et wichteg, dass net, wéi beim classesche Memory, zwee nämmelechte Biller zesummepassen, mee dass beispillsweis e Bild vun engem Bäcker bei e Bild vun engem Bäckesch passt, e Metzler bei eng Metzlesch asw.

5. Ausfluch

Zousätzlech zu den Aktivitéiten am Haus hu mir och e klengen Ausfluch mat de Kanner organiséiert, wou si Persounen kennegeléiert hunn, déi e fir hiert Geschlecht "ontypesche Beruff" hunn. Eng Kannergrupp war op de Policebureau vun Esch/Uelzecht an huet do entdeckt, dass et beim Beruff Polizist net nëmme Männer ginn, mee och Fraen. Déi zweet Kannergrupp war bei de Florist Flower Sensation zu Esch/Uelzecht, fir d'Beruffer Florist a Verkeefer ze gesinn, déi net nëmme vu Fraen, mee och vu Männer ausgeübt kënnen ginn. Nom Ausfluch hu mir mat de Kanner iwwert hir Erlebnesser geschwat. Ausserdeem si Fotoe vum Ausfluch gemaach ginn, déi duerno op engem Plakat mat e puer Sätz opgehaange goufen, sou dass d'Kanner an hir Elteren dëst dauerhaft gesi konnten an den Ausfluch no bausse gedroe gëtt.

6. Ofschluss

Genee wéi am Ufank vum Projet, wou eng Intro als Einstieg zum Thema gemaach ginn ass, ass et zum Schluss vum Projet zu engem "Outro" mat enger Gespréichsronn komm. Heimat wollt mir, dass dat neit gewonnen Wësse beschméiglech laangfristeg (oder souguer dauerhaft) befestegt gëtt.



Dauer:

Virbereedung an Ëmsetzung

D'Virbereedung am Virfeld huet 2 bis 3 Woche gedauert. Dëst war néideg, fir an der Grupp iwwert de Projet ze schwätzen, sech Gedanken driwwer ze maachen, e Kader ze setzen an de Projet, fir d'Kanner, mat Aktivitéiten a prakteschen Übungen flott a lieweg ze gestalten.

D'Duerchféierung vum Projet selwer huet en Trimester laang, respektiv 12 Woche laang, gedauert.

Impakt

Visibilitéit vum Projet:

De Projet ass siichtbar gemaach ginn, andeems Plakater, Fotoen a Biller am Sall vun de Kanner wéi och am Gank selwer opgehaange gi sinn. Sou ass de Projet no bausse gedroe ginn, an d'Eltere konnten zu all Zäit en Abléck an de Projet kréien a Froen dozou stellen.

Aschätzung vum Projet:

Aschätzung vun de Kanner

Beim Ausfluch an de Blummebuttek sot eent vun de Meedercher aus der Kannergrupp zur Floristin: *"Den ... (... = een Numm vum Personal) sot, dass all Beruff vun enger Fra a vun engem Mann gemaach ka gin. Egal wéi een ..."*

Beim Ausfluch bei d'Police sot eent vun de Meedercher: *"Ech wëll elo Polizistin ginn. Dat ass net nëmme fir d'Jongen."*

Virum Projet Gender sote vill Kanner, dass just Fraen (hir Mammen) botze géifen. Si hunn also de Beruff vum Raumpfleger just mam weibleche Geschlecht verbonnen. Nom Projet hunn d'Kanner gesinn, dass dëse Beruff vu Frae wéi och vu Männer ausgeübt ka ginn (Botzfra/Botzmann).

Eent vun de Kanner sot virum Projet: *"Wéi? D'Mamma ass dach do, fir ze botzen, a mäi Pappa geet schaffen. Meng Mamma net."*

Aschätzung vum Personal

Zitater vun e puer Persounen aus der Equipe, déi op hiren eegene Léierprozess hiweisen an op d'Wichtigkeit vun enger geschlechtsneutraler Positioun an der Erziehung:

"Ech passe besser am Alldag op. Aplaz de Meedercher en Ausmolbild vun enger Prinzessin auszedeele an de Jongen e Ritter als Ausmolbild, ginn ech de Kanner selwer d'Wiel erauszesechen, ob si eng Prinzessin oder e Ritter ausmole wëllen, onofhängeg vun hirem Geschlecht."

"Ech passe beim Araume vun de Spillsaachen a vum Material besser op, dass sämtlech Saache fir all Geschlecht accessibel sinn, onofhängeg vum Geschlecht."

"Beim Liese vun enger Zeitung liesen ech méi intensiv, a mir fält op, dass an den Artikelen neierdengs oft déi zwee Geschlechter ernimmt ginn an dat zur Gläichberechtigung tëscht Mann a Fra bäidréit."

Festgestallten Impakt

D'Personal passt bei der Raumgestaltung op, dass d'Spillsaache vun de Kanner net dem Geschlecht no ageraumt ginn, mee gemëscht ginn, sou dass e Meedchen och mat Jongespillsaache spillen kann an e Jong mat Meederchersspillsaachen.

D'Bibliothék an d'Ausmolbiller fir d'Kanner ginn net méi no Geschlecht zortéiert, mee sinn einfach matenee gemëscht, sou dass all Kand sech selwer fräi eraussiche kann, wéi e Buch oder wéi en Ausmolbild hatt huele wëll.

Bei de Kanner a beim Personal ass et zu enger Verännerung vun der Siichtweis a vun der Denkweis komm.

Zuel Kanner an Erwuessener, déi duerch de Projet getraff gi sinn:

Kanner

37 Kanner

Erwuessener (Eltere souwéi Personal an extern Partner)

6 Persounen aus eiser Equipe souwéi déi Professionell, mat deene mir geschafft hunn, Police a Blummebuttek.

Maison Relais Nonnewisen



Maison Relais Nonnewisen
30, rue Guillaume Capus
L-4071 Esch/Uelzecht



Chargée
• Sandy Vitali

- Personal**
Edukativ Equipe
- 10 Fraen
 - 1 Sozialpädagogin (duebel Nationalitéit: lëtzebuergesch/italienesch)
 - 3 Erzéierinnen (1 Portugisin, 1 duebel Nationalitéit: lëtzebuergesch/spuenesch, 1 Lëtzebuergerin)
 - 1 Auxiliaire de vie (Lëtzebuergerin)
 - 4 Agents socio-éducatifs (allen 4 Lëtzebuergerinne)
 - 1 Mann
 - Erzéier (däitsch Nationalitéit)

- Botzpersonal**
- 2 Fraen
 - 2 Agents de nettoyage (1 Kapverdianerin an 1 Portugisin)

Zuel Kanner, déi an der MRE ugemellt sinn:

Total Jongen	46	Total Meedercher	49
Franséisch	02		04
Italienesch	00		02
Kosovaresch	01		01
Lëtzebuergesch	29		30
Polnesch	01		00
Portugisesch	13		12

Regenbogenfamilie

I. Märchenreise



Themen:

Homosexualité an Homophobie, Diskriminatioun op Grond vum Geschlecht, Chancegläichheet tëscht Männer a Fraen, geschlechtlech Identitéitsentwécklung, gewaltfräi Kommunikatioun, positiv Disziplin.

Alter vun de Kanner:
4+ 4 bis 6 Joer

Persounen, déi um Projet geschafft hunn:

Dat ganzt Erzéierpersonal aus der Maison Relais war hei bedeelegt:
d'Chargée de direction
4 ErzéierInnen
1 Auxiliaire de vie
4 Agents socio-éducatifs



Material:

Ofhängeg vun den Aktivitéiten, déi een sech aussicht iwwert d'Thema, brauch ee verschidde Material. Fir déi Aktivitéiten, déi mir hei virstellen, ass kee Material gebraucht gin

Beschreibung:

An dësem Projet gëtt sech mat der sexueller Orientéierung a Geschlechterrollen auseneegesat. Wéi eng sexueller Orientéierung ginn et? Wéi eng typesch Fraen- a Männer-Rolle weisen mir Mënsche bei Geschlechter zou? Wéi eng Haltung huet d'sozio-pädagogesch Equipe dozou? Wéi gi mir den Diversitéitsgedanken un d'Eltere virun? Wichteg war eis och heibäi, dass dëst Wëssen op eng positiv Aart a Weis vermittelt gëtt an dass d'Kanner an déi Erwuessen esou kommunizéieren (Ech-Botschaften), dass kee verletzt gëtt, mam Fanger gewise gëtt, gehänselt gëtt oder blaméiert gëtt wéinst deene Saachen, déi si soen oder/a maachen.



Zil(er):

- Stereotypen an der Erziehung brechen
- D'Villsäitegkeet vun der Famill virstellen (klassesch Famill, Monoparentalitéit, Regenbogenfamilljen, Patchworkfamilljen)
- D'Kanner léieren op spilleresch Aart a Weis sexueller Orientéierung kennen a se respektéieren
- Gewaltfräi Kommunikatioun ëmsetzen
- D'Raumgestaltung gëtt esou verännert, dass sech d'Kanner, onofhängeg vun hirem Geschlecht, wuelfillen, déi Spillsaachen a Bicher ze huelen, déi si wëllen
- Neutraalt Spillmaterial ubidden, de Kanner d'Fräiheet loossen, sech hir Spillsaach selwer auszesichen, an et net no "geschlechtstypesch" Spillsaach/Material anzeraumen
- Bicher ginn no gender- an diversitéitsgerechte Kriterien erausgesicht
- E sozio-pädagogesch Team bilden, dat Diversitéit am Alldag op allen Ebene mat allen Akteuren lieft a praktesch ëmsetzt

Virbereedung:

Fir de Projet kënnen ze maachen, huet d'Personal missten oppe sinn, fir dee Wee ze goen an sech drop anzeloossen.

Dat néidegt Wëssen, fir dëse Projet op d'Been ze setzen, hu mir duerch d'Formatiounen Gender4kids a Gender Diversity Management kritt.

Eng Erausforderung fir dëse Projet war, Raum ze schafen, fir en Austausch an der Equipe ze erméiglechen, permanent ze kommunizéieren a Bezéiungen zueneen ze entwéckelen.

Ofaf:

1. Virbereedung vum Personal

D'Virbereedung war d'Formatioun vum ganze Personal (Gender4kids).

Mir hu fir eist Haus d'Thema "Villsäitegkeet vun der Famill" ausgesicht.

All Grupp huet sech eng Familljeform ausgesicht an se da visuell duergestallt (als Bild oder als Gebasteltes). Fir all ausgesichte Familljekonstellatioun goufen dann Aktivitéiten dozou duerghefouert.

2. Aktivitéiten am Cycle 1

Beim Cycle 1 hunn sech d'Kanner mat der Regenbogenfamilie beschäftegt.

D'Aktivitéiten, déi hei gemaach gi sinn, waren:

- Gespréicher mat de Kanner (Respekt virun engem anere Mënsch hunn, en akzeptéieren esou wéi en ass, tolerant si vis-à-vis vun aneschtensdenkende Persounen)
- D'Coördinatrice huet dann e Märchen erfonnt, wou déi klassesch Rollenzuweisungen an enger Mann-Fra-Koppel opgehewe ginn. Am Géigesaz zu klassesche Märecher ginn hei zwou homosexuell Koppelen duergestallt an hir Geschicht gezielt, wéi si fir d'éischt onglécklech an enger Mann-Fra-Koppel waren bis hin zu hirer Bezéiung mat enger Persoun vum nämmelechte Geschlecht.
- D'Raumgestaltung gouf och nach no Diversitéitskriterien verännert (Beispill: d'Spillmaterial ass fir all Kand zougänglech gemaach ginn, andeems et net getrennt no Jong - Meedchen ageraumt gouf, mee zesummen).

**Dauer:****Virbereedung an Ëmsetzung**

Dëse Projet (Gespräicher mat de Kanner, Mäerche schreiwen an zielen, Raumgestaltung änneren) huet am Ganze 6 Méint laang gedauert, vun der Virbereedung bis zur Ëmsetzung.

Impakt**Visibilitéit vum Projet:**

Fir eise Projet fir d'Elteren, déi aner Kanner souwéi de Rescht vum Haus siichtbar ze maachen, hu mir en dokumentéiert iwwert zum Beispill eis "sprechende Wände", wou jiddereen sech Fotoen, Beschreibungen an Zeechnungen, déi am Laf vum Projet gemaach goufen, ukucke kann.

Dodernieft hu mir och regelméisseg Teambesprechunge gehat, fir souwuel d'Equipe iwwert de Projet ze informéiere wéi och Iddien a Rotschléi auszetauschen.

**Aschätzung vum Projet:****Aschätzung vun de Kanner**

Am Ufank war d'Thema Homosexualitéit fir d'Kanner gewöhnungsbedürfteg, well et fir si eppes Neies war. Duerch vill Afillungsverméige vun der Coordinatrice ass d'Akzeptanz bei de Kanner lues a lues gewuess. Et gouf vill mat de Kanner geschwat, an et gouf hinnen, a kannergerechter Sprooch, viles erkläert. Duerch déi vill Gespräicher goufen haaptsächlech Wäerter wéi Respekt dem Géigengewier, och wann en "aneschters" ass, Toleranz an Oppenheet, vermëttelt.

Aschätzung vum Personal

'Personal huet gemierkt, dass d'Kanner staark duerch äusserlech Aflëss sozialiséiert a geprägt sinn, sief et duerch d'Famill, d'Schoul, d'Medien oder an der Maison Relais.

Fir e friddlecht Mateneen ze fërderen, ass et wichteg, dass all eenzelt Kand do ofgeholl gëtt an der Erzéiung, wou et grad steet. Dofir hunn déi Escher Maison Relais och de Situationsansatz an hirem Konzept fest verankert. Dëst erméiglecht dem Personal, op d'Kanner kënnen individuell anzegoen.

D'Personal huet och erkannt, dass een e Kand däitlech méi fërdere kann, wann et net an en starrt Schema gepresst gëtt an sech fräi entfale kann. Doduerch gëtt d'Chancéglicheit däitlech vergréissert.



D'Roll vum erzéiereschen Team ass eng begleetend! D'Bild vum Kand ass dat vum Ko-Konstrukteur. An deem Sënn ass dem Erwuessene seng Roll net déi vu Virgaben ze diktéieren an op d'Kand erfzekucken, mee hien/hatt begleet d'Kand an sengem Groussginn, ouni ze bewäerten, ze jugéieren an ze bestrofen. E qualitativ héichwäertegt sozio-pädagogescht Team léisst dem Kand den néidege Fräiraum, fir ze experimentéieren an ze gestalten. Mir hu mat dësem Projet, mee och niewebäi an eiser aldeeglecher Aarbecht, e groussen Deel vun dëse Qualitéitskritäre konnten ëmsetzen. Duerch d'Raumgestaltung erschafe mir e Fräiraum fir d'Kanner, wou si sech sou entfale kënnen, wéi si et wëllen. Duerch gewaltfräi Kommunikatioun vermëttelte mir de Kanner, op eng konstruktiv Aart a Weis, Wëssen iwwert all méiglech Themen. Doduerch entwéckelen d'Kanner Liewenskompetenzen, déi si bestärken an hinnen hëllefen, grouss ze ginn.

Festgestallten Impakt

D'Kanner hunn opgehalen, opgrond vun enger starrer, geschlechtlecher Zouuerdnung, déi mat ongläichen, hierarchesche Bewäertunge verbonnen ass, ze diskriminéieren.

D'Zil gouf erreecht, wéi vereelt, klassesch Rollemuster opgebrach konnte ginn.

Beispiller vun typeschen Aussoen, déi op dës geschlechtlech Zouuerdnungen hiweisen an sech bei eis am Haus verréngert hunn:

“E Jong kräischt net”

“Rosa ass just fir Meedercher”

“D'Jonge spillen net mat Poppen”

Zuel Kanner an Erwuessener, déi duerch de Projet getraff gi sinn:

Kanner

20 Kanner

Erwuessener (Eltere souwéi Personal an extern Partner)

Déi ganz Equipe vun der Maison Relais, also 10 Leit, an da ronn 50 Persounen goufen getraff, well de Projet am Kader vum GAYMAT “Diversity meets Education” an enger Table-Ronde “Education (homo)sexuelle” virgestallt gouf.

D'Eltere vun de Kanner goufen indirekt och mat dësem Projet getraff.

“Regenbogenfamilie - Märchenreise”

Et wuar eemol ee Pränz an eng Prinzessin, déi zesummen an engem schéine Schloss gewunnt hunn. De Pränz an d'Prinzessin wuare ganz vill frou mateneen, wierklech verléift wuare se awer net; et huet vun Ufank un ëmmer eppes gefeelt. De Kinnek, deem dat Schloss gehéiert huet, huet dat awer ignoréiert. Dat Eenzezt, wat de Kinnek sengem Jong gesot huet, wuar: “Ech hunn och eng Fra bestuet, dat ass eben esou, dat sinn eis Flichten, an dat soll och esou sinn.” Iergendwéi hunn de Pränz an d'Prinzessin awer ëmmer esou traureg ausgesinn, mä leider wossten se net, wat se maache sollten. Also huet de Pränz seng Prinzessin bestuet, esou wéi de Kinnek dat wollt. No e puer Méint hunn se dann och hiert Kand zesumme kritt. Si hunn nach ëmmer traureg ausgesinn, an de Kinnek huet se nach ëmmer net eescht geholl. E puer Joer hunn se esou nieftenee gelieft a wuare einfach net glécklech. De Pränz an d'Prinzessin hate es awer op eemol genuch an hunn decidéiert, erauszefannen, wat hinne feelt. Si hunn dunn, schwéieren Häerzens, entscheet, sech ze trennen an eng länger Rees ze man, awer net zesummen. Dat huet misse sinn, fir dass si zu sech selwer fannen. De Pränz huet sech entscheet, am Elfendall seng Rees ze man, an d'Prinzessin am Feeëndall. D'Kand ass bei sengem Bopa, dem Kinnek, bliwwen a wuar do gutt versuergt.

No enger Zäit koumen se alle béid erëm, mä si wuare net méi eleng.

D'Prinzessin hat eng Fra bei sech an de Pränz e Mann.

De Kinnek huet scho komesch gekuckt. “Wat ass dann do lass?”, huet hien sech gefrot.

De Pränz huet du versicht, dem Kinnek ze erklären, firwat hien e Mann bei sech hat.

De Kinnek huet net verstanen, wisou de Pränz en anere Mann mat der Hand hat an d'Prinzessin eng aner Fra. D'Kand, dat entretemps scho méi grouss gi wuar, ass sengen Elteren direkt an d'Äerm gelaf an huet och scho vu wäitem geruff: “Mamma a Pappa, ech hunn iech zwee nach ni esou laache gesinn.” Do sot d'Prinzessin zu hirem Kand: “Mä Kand, ech si ganz vill frou mat dir an ech ginn och ganz gutt eens mat dengem Pappa, mä zesumme lieue kënnen mer net méi. Ech hu mech an eng Fra verléift an de Pappa an e Mann.”

De Kinnek wuar net frou doriwwer an huet gemotzt.

E puer Deeg dono huet hien déi zwou Koppele beobacht, wéi se sech all mateneen am schéine Gaart vum Schloss amuseiert hunn. Si wuare endlech glécklech, an d'Kand hat kee Problem domat, dass hatt op eemol zwou Mammen an zwee Pappen hat.

D'Schlass wuar grouss genuch, fir dass di zwou Koppelen allebéid eng grouss Wunnéng kruten.

D'Kand huet also weder seng Mamm nach säi Papp vermësst, si konnten sech all Dag gesinn.

De Kinnek huet ganz vill iwwerluecht a gemierkt, dass déi zwee endlech hiert Gléck fonnt hate, an hien huet dunn entscheet, dass wann si all zefridde waren, hien et och wier.

Et gouf kuerz drop eng nei Hochzäit mat enger grousser Feier.

D'Prinzessin huet hir Fra bestuet, an de Pränz huet säi Mann bestuet.

Déi zwou Koppele wuare mat hirem Kand bis zum Schluss glécklech, a wann se net gestuerwe sinn, da liewen se nach haut ...

Maison Relais Papillon

09



Maison Relais Papillon
55, rue du Fossé
L-4123 Esch/Uelzecht



Chargée
• Sandrine Nickels


- Personal
Edukativ Equipe
- 3 Männer
 - 1 Erzéier (Lëtzebuerger)
 - 2 Agents socio-éducatifs (allen 2 Lëtzebuerger)
 - 10 Fraen
 - 1 Sozialpädagogin (Lëtzebuergerin)
 - 2 Erzéierinnen (Lëtzebuergerinnen)
 - 7 Agents socio-éducatifs (Lëtzebuergerinnen)

Zuel Kanner, déi an der MRE ugemellt sinn:

Total Jongen	60	Total Meedercher	63
Afrikanesch	00		02
Däitsch	01		00
Hollännesch	00		02
Italienesch	02		00
Kapverdianesch	00		02
Lëtzebuergesch	24		15
Portugisesch	32		37
Franséisch	01		05

Holz? Wat kann een dann domadde maachen?

I. Schränerei-Ateliere fir béid Geschlechter



Themen:

Chancegläichheet, Geschlechterstereotypen a -viruerteeler, Diskriminéierung op Basis vum Geschlecht, Selbstbestimmung, Identitéitsentwécklung.

9+

Alter vun de Kanner:

9 an 10 Joer



Persounen, déi um Projet geschafft hunn:

2 Agents socio-éducatifs



Material:

Fir e Schmucksockel ze bastelen:

- 4 mm déck Spärholzplack fir all Kand
- Molmaterial (Faarwen a Pinselen)
- Holzläim
- Schläifpabeier / Schläiffeil
- Eng See fir Holz ze schneiden
- Speziellen Aarbechtsdësch: eng Wierkbänk
- Sécherheetshändschen
- Eng Foto vun all Kand, déi hatt matbruecht huet

Beschreibung:

D'Kanner kruten iwwert dat ganz Joer d'Méiglechkeet, a Form vun engem Atelier mat Holz ze schaffen. Et sinn z.B. Blieder aus Holz realiséiert ginn, fir eise "Papillonsbam" ze schmücken, wou all Kand aus dem Haus drop ass, Fussballspiller aus Holz, fir um Dësch Fussball ze spillen, oder och eng Hand aus Holz, fir Mammendag gebastelt, op déi Schmuck opgehaange ka ginn.



Zil(er):

- Viruerteeler op Basis vum Geschlecht ofbauen: de Glawen ofbauen, dass Meedercher, am Géigesaz zu de Jongen, keng manuell Aarbechte maache kënnen
- D'Chancegläichheet tëscht Jongen a Meedercher fërderen a verstärken
- D'Kanner léieren en neit Material kennen an dermat schaffen
- D'Konzentratioun fërderen
- D'Motorik verfeinere (suergfältig a präzis schaffen)
- Selbstvertrauen a Selbstbestimmung stäerke
- D'Kanner hu Spaass drun, eng nei Aktivitéit auszuprobéieren
- D'Kanner léieren, de Raum propper ze halen, an de richtigen Ëmgang mat spezifischem Material

Virbereedung:

De Volet "Sécherheet" an néidegt Material huet hei misste ganz gutt duerchduecht sinn (speziell Händschen, speziell Aarbechtsbänk mat Schraubstäck an Aarbechtsgeschier). Punkto Budget sinn hei natierlech Käschte gewiescht, déi een am Viraus, beim Auswiele vun der Aktivitéit, mat abezéie soll.

Fir dës Aktivitéit kënne mat de Kanner ze maachen, muss een déi Aarbecht selwer an engem Atelier geléiert hunn, déi verschidden Techniken a Geste beherrschen an se an einfache Schrëtt de Kanner erklären a vermëttelen.

Eng ganz kloer Erausforderung war et, de Kanner eppes Onbekanntes méi no ze bréngen.

D'Léisung louch haaptsächlech doranner, dass eppes Onbekanntes ëmmer méi einfach nozebréngen ass, wann een de Kanner e Matsproocherecht gëtt, d.h. si hu ganz kloer mat entscheed, wat an deem Atelier aus Holz genau gemaach ginn ass.

Ofaf:

Éier mir mam Projet ugefaangen hunn, huet misste séchergestallt ginn, ob et o.k. wier, mat de genannte Materialien ze schaffen. Dofir war eng Formatioun an deem Beräich néideg.

Éier mir du mat der Aktivitéit selwer ugefaangen hunn, hu mir misste Material bestelle respektiv kafen.

Duerno huet och misste Plaz geschaf ginn, fir de Projet ëmzesetzen. D'Raimlechkeete sinn dofir verännert an op d'Besoin vum Projet ugepasst ginn: Plaz fir d'Wierkbänk an d'Material schafen, Ofstellplazen organiséieren (fir Dreck, fäerdeg Schmucksockelen asw.), asw.

Fir d'Sécherheet vun de Kanner ze garantéieren, hu mir hinnen déi noutwenneg Schrëtt erkläert a virgewisen, éier si se selwer gemaach hunn. D'Kanner sinn dann a kleng Gruppen opgedeelt ginn, fir déi verschidden opgezielte Schrëtt zesummen auszeféieren.

Fir de Schmucksockel ze bastelen, hu mir fir d'éischt eng Schabloun vun de Kanner hiren Hänn gemaach. Dofir hu mir eng Hand vun all Kand op der Holzplack ofgemoolt, déi duerno ausgeschnidden, gefeilt a geschliff ginn ass. Éier d'Hand da faarweg a mat enger Foto a mam Numm vun all Kand dekoréiert ginn ass, sinn nach Lächer dra gebuert ginn. Zum Schluss ass dann déi fäerdeg gemoolten an dekoréiert Hand un e Sockel befestegt ginn.

**Dauer:****Virbereedung an Ëmsetzung**

Fir de Schmucksockel:

Akafe vu Material: 1 Stonn

Preparatioun vum Sall a vum Material: 2 Stonnen


Aarbecht vun all Kand: ongeféier 6-mol 30 Minutten (ofhängeg vun deem, wat mam Holz gemaach gëtt: Gréisst vum Objet a wat d'Kand op seng hëlzen Hand molen, pechen oder schreiwe wëll).

Mir hunn nieft dem Sockel awer och nach aner Ateliere mat de Kanner gehat, wou si mat Holz ëmgaang sinn an och nach aner Objete gebastelt hunn, sou dass de ganze Projet iwwert dat ganz Joer gaangen ass.

**Impakt****Visibilitéit vum Projet:**

D'Resultater vum Projet sinn am Sall ausgestellt ginn.

Et sinn och Fotoen dovunner gemaach an opgehaange ginn.

**Aschätzung vum Projet:****Aschätzung vun de Kanner**

D'Kanner waren immens begeeschtert, neit Material kennenzelieren, an hate ganz vill Spaass, mat neiem Aarbechtsgeschier ze schaffen. Den Ëmgang mat enger See huet hinnen zum Beispill gutt gefall.

Aschätzung vum Personal

“Et war eng immens Erausfuerderung, dëse Projet op d'Been ze stellen.”

D'Erausfuerderung war u sech déi, wéi een eppes, wat ee selwer geléiert huet, engem anere bäibréngt, wann een dat bis dohin nach ni vermëttelt hat. Et stellt een sech ënner anerem d'Fro, wéi schnell d'Kanner kapabel wäerte sinn, eppes Neits ze léieren, an ob se och Spaass drun hunn.

“Et ass een awer och immens stolz, wann ee gesinn huet, wéi gären d'Kanner dru geschafft hunn.”

Festgestallten Impakt


Mir hu ganz kloer um Verhale vun de Kanner erkannt, dass mir eis Ziler erreecht hunn. Am Ufank ass e wéineg de Geck mat de Meedercher gemaach ginn, well et sech éischter “passt”, dass e Jong manuell Aarbechte wéi seeën, feilen a schläife beherrscht. Am Endeffekt awer hunn d'Kanner hir Wierker géigesäiteg bewonnert a ware stolz, fir se hiren Elteren ze weisen.

Se sinn och gemeinsam mat neien Iddie komm fir en nächste Projet.



Football for all

II. Fussballturnéier tëscht den Escher Maison Relaisen



Themen:

Geschlechterrollen, Chancëgläichheet tëscht Meedercher a Jongen, geschlechtlech Identitéitsentwécklung, Vernetzung-saarbecht, Sport.

11+

Alter vun de Kanner:

11 an 12 Joer



Persounen, déi um Projet geschafft hunn:

Et hunn aus eisem Haus 2 Persounen un dësem Projet geschafft. Dovunner war 1 Erzéierin an 1 Agent socio-éducatif. Well dëse Projet och op Vernetzung mat anere Maison Relaise baséiert, hunn natierlech och nach aner Persounen um Projet matgeschafft, andeems si hir Kanner op den Turnéier virbereet an eis beim Organiséiere gehollef hunn. Verschidden Akteure vun der LASEP (Ligue des Associations Sportives de l'Enseignement Primaire) waren och um Projet bedeelegt. Si hunn um Turnéier selwer och matgemaach als Arbitter a Linierichter.



Material:

Material, dat mir selwer hu misste besueren, waren d'Medaillen an de Pokal, fir d'Equippen ze belounen. Soss hu mir och Tënt a Pabeier gebraucht, well mir e Flyer gemaach haten, fir d'Elteren ze informéieren. De Rescht u Material (Ball, Terrain asw.) ass eis zur Verfügung gestallt ginn.

Beschreibung:

D'Kanner haten d'Méiglechkeet, sech op e Fussballturnéier unzemellen an hir Equippen selwer zesummesetzen, woubäi souwuel Meedercher wéi och Jongen deelhuele konnten. Den Turnéier fënnt virum Enn vum Schouljoer statt, mat der Bedeelegung vu verschiddene Maisons Relaise vun Esch.



Zil(er):

- Gläichberechtigung am Sport fërderen
 - Teamgeescht fërderen
 - Koordinatioun/Grobmotorik fërderen
 - Selbstvertraue stäerken
 - All d'Kanner hu Spaass
 - D'Kanner léieren, mat Frustratioun ëmzegoen
 - Ophiewe vu Viruerteeler an Diskriminatioun géintwuer vun de Meedercher
- Beispiller vu Viruerteeler:
- dass se net mat de Jongen zesumme spillen dierfen
 - dass se kee Fussball spille kënnen
 - dass se keen Interessi u Fussball hunn
- Chancëgläichheet tëscht Jongen a Meedercher verstärken

Virbereedung:

Et huet ee virun allem sécher misste sinn, dass een en Terrain zur Verfügung gestallt krut, an et huet ee permanent a Kontakt misste si mat den anere Maison Relaisen. Et war natierlech wichteg, d'Regele vum Fussball ze kennen, an do huet eis d'LASEP gehollef. Et brauch ee Leit an der Equipe, déi eng Ahnung vu Fussball hunn. Et war dofir vu Virdeel, Bénévolen ze hunn, déi d'Aufgabe vum Arbitter an de Linierichter iwwerholl hunn.

Eng ganz kloer Erausforderung vun dësem Projet war et, d'Akzeptanz vun de Meedercher an engem Sport, deem awer nach ëmmer majoritär vu Jonge representéiert gëtt, ze erméiglechen. Richteg ofwäertend Bemierkunge koumen net, awer anhand vu Mimik a Gestik huet ee schonns bei verschiddene Jonge gemierkt, dass se net frou waren, dass Meedercher matspille géingen. An hiren Aen kënne Meedercher dat net esou gutt a maachen hir Equipe da méi schwach.

D'Jonge goufen dann agelueden, d'Meedercher ze trainéieren an hinnen ze erklären, wéi si spillen an sech verbessere kéinten. Doriwwer eraus soll ëmmer d'Freed um Spill am Vierdergrond stoen an net den Drang, onbedéngt mussen deen Éischten ze ginn. Dat war och e wichtige Message, dee mir hinne vermëttelt hunn. Hei hu mir och missten Taktgefill weisen, fir déi Kanner ze tréischen, déi net sou einfach akzeptéiere kënnen ze verléieren.

An dësem Projet waren eis Haaptdepense mam Flyer a mam Präis, dee mir de Gewënner verdeelt hunn, verbonnen. Fir de Flyer huet misste Pabeier an Tënt kaaft ginn. Mir hunn den Hauptgewënner e Pokal matginn, a fir déi Equipe, déi op d'zweet Plaz koom, goufen et och nach Medaillen.

Ofaf:

1. Maison Relais'en vun Esch alueden

An der éischter Phas vum Projet hu mir déi aner Maison Relaise vun Esch iwwert de Projet informéiert an si agelueden, sech fir den Turnéier anzeschreiwe falls intresséiert. Hei war et och wichteg, hinnen eng Deadline unzeginn, fir dass mir och mat Zäiten den Turnéier organiséiere konnten.

2. Virbereedung vum Turnéier

Duerno hu mir Kontakt mam Service des Sports vun Esch opgeholl, fir den Trainingsterrain vun der Escher Jeunesse (Quartier Hiehl) fir den Turnéier benotzen ze kënnen. Parallel dozou hu mir och strategesch Diskussiounen an der Equipe gefouert (Datummer fannen, Andeelung vum Terrain, Opdeelung vun den Equipen, Belounung fir d’Gewënner fannen, lessen a Gedrénks organiséieren asw.) an hunn an deem Moment och d’Kanner an d’Elteren iwwert de Projet informéiert. Dofir gouf e Flyer ausgeschafft, wou all Informatiounen iwwert den Turnéier ze fanne waren an iwwert deen sech d’Kanner aschreiwe konnten. Déi aner Maison Relais kruten deen dann och vun eis geschéckt.

3. Virbereedung vun den Equippen

D’Kanner hunn dann ënnert sech konnte bestëmmen, wéi wat maache sollt (Equippenopstellung, Poste bannent der Equipe verdeelen), an hunn ugefaangen, hiert “Spill” ze plangen, andeems se sech zum Beispill géigesäiteg Tipps ginn hunn, wéi se e Goal schéisse kënnen.

4. Oflaf vum Turnéier

Éier den Turnéier da richteg lassgaangen ass an nodeems sech all Equippen zesummegeesat haten, hu mir e Plakat am Haus opgeriicht, wou all Matcher vun der éischter Ronn ze gesi waren an dat mir am Laf vum Turnéier ausgefëllt hunn. Dëse Plang ass am nämmelechte Moment och un déi aner Haiser weidergeleet ginn. Déi lescht Phas war dann den Turnéier selwer.

Iwwert den Turnéier eraus war et en Deel vun eiser Aufgab, Viruerteeler, Stereotypen an och Diskriminéierungen opzefänken an déi mat de Kanner unzeschwätzen. Domadden hu mir konnten nach weider Klischeeën (an net nëmmen iwwert sportlech Fähegkeeten), déi mat béide Geschlechter associéiert ginn, ofbauen.



Dauer:

Virbereedung an Ëmsetzung

2 Méint fir alles (Terrain organiséieren, Equippen ufroen, T-Shirte gestalten, Coupe bestellen etc.)



Impakt

Visibilitéit vum Projet:

Fir d’Visibilitéit vum Projet ze sécheren, ass e Flyer ausgeschafft ginn, wou noutwenneg Informatiounen fir d’Elteren drop stoungen an iwwert deen d’Kanner sech umelle konnten. Et goufen och nach Fotoe während dem Turnéier geholl an am Haus opgehaangen.

Aschätzung vum Projet:

Aschätzung vun de Kanner

Wéi de Projet bis lancéiert war, war d’Begeeschterung vun de Kanner am Allgemenge grouss, souwuel bei de Meedercher wéi bei de Jongen, obwuel et dertëscht ëmmer nees Diskussiounen gi sinn, bei deene verschidde Kanner eenzelner vun hire Komeroden, onofhängeg vum Geschlecht, als “schwaach” bezechent hunn. Natierlech sinn déi Saachen direkt opgefaange ginn, fir ze verhënneren, dass Spannungen entstinn. Dëst geschitt ëmmer duerch den Dialog. Nom Turnéier selwer waren d’Begeeschterung an d’Virfreed op eng nei Editioun nach méi grouss, sou dass mir de Projet wahrscheinlech d’nächst Joer rëm maachen.

Aschätzung vum Personal

Bei der Duerchféierung ass et engem bewosst ginn, wéi wichteg et ass, béid Geschlechter beieeneen ze bréngen, dass se fir ee gemeinsamt Ziel antrieden, ouni se awer zur Aktivitéit selwer ze zwéngen. Et gouf am Ufank eng Oflehnung an Onloscht vun de Meedercher, fir iwwerhaupt beim Fussball matzemaachen, sou wéi och eng “Typesche Jongesport”-Mentalitéit geherrscht huet. Doduerch gouf et eng Angscht bei de Meedercher, net “gutt” genuch ze si fir dee Sport, sech virun deenen aneren ze blaméieren. Et war also wichteg, dass déi zwee Geschlechter probéiert hunn, sech zesummen un enger Aktivitéit ze bedeelegen an esou och stereotypéiert Geschlechterbiller ofzebauen. Donieft, aus de selwechte Grënn, war et néideg, mat de Kanner iwwert déi Biller ze schwätzen.

Festgestallten Impakt

Den Interessi an d’Demande nom Fussballturnéier ware méi héich op Säite vun de Meedercher. Et ware méi Meedercher wéi soss intresséiert, fir um Turnéier deelzehuelen. D’Jonge ware positiv iwwerrrascht, wéi gutt d’Meedercher Fussball spille kënnen a wéi motivéiert se waren, an si hunn d’Meedercher dunn och an hiren Equippen akzeptéiert.





Maison relais brill 1

Version en
français

Maison Relais Brill 1
69, rue Zénon Bernard
L - 4031 Esch/Alzette

Chargée
• Tessy Koster

Personnel
Personnel éducatif

- 1 homme
éducateur diplômé (luxembourgeois)
- et 9 femmes dont
1 éducatrice graduée (luxembourgeoise),
3 éducatrices diplômées (toutes les trois luxembourgeoises)
2 agents socio-éducatifs (1 luxembourgeoise et 1 espagnole)

Personnel d'entretien

- 2 femmes
2 agents d'entretien (1 luxembourgeoise, 1 cap-verdienne)



Nombre d'enfants inscrits à la MRE :

Total garçons		Total filles	
Française	36	00	35
Italienne	02	01	
Camerounaise	00	00	
Cap-verdienne	01	02	
Luxembourgeoise	03	09	
Portugaise	10	23	
	20		

Hommes et femmes dans la vie professionnelle

I. Déconstruire les stéréotypes de genre



Thèmes :

Egalité des chances entre femmes et hommes ; la discrimination sexuelle, en particulier, dans un cadre professionnel, déconstruction des stéréotypes de genre.

8+

Âge des enfants :
8 à 10 ans



Personnes en charge de ce projet :

une éducatrice diplômée et un agent socio-éducatif



Matériel :

Magazines thématiques pour enfants, matériel de bricolage (ciseaux, colle, feuilles DinA3 pour la réalisation des affiches, etc.)

Description :

Ce projet avait comme but de thématiser les emplois typiques et atypiques des hommes et des femmes, ainsi que les préjugés exprimés envers les deux sexes. Pour cela, nous avons choisi de faire différentes activités : discussions menées autour du thème et réalisation d'affiches sur les métiers féminins et masculins.



Objectif(s) :

- Encourager les enfants à dépasser des stéréotypes et préjugés dans leur(s) choix professionnel(s) ;
- Encourager les enfants à avoir une attitude sans jugement, vis-à-vis des hommes et des femmes exerçant un métier « atypique » ;
- Promouvoir l'égalité des chances entre les deux sexes.

Préparation :

Lors de la phase de préparation, nous avons dû planifier les après-midis pendant lesquels nous allions organiser les différentes activités avec les enfants. Nous avons également réfléchi aux magazines que nous pourrions utiliser pour l'activité visant à réaliser des affiches.

En outre, il était important d'être conscient(e) de ses propres croyances en des stéréotypes de genre, ainsi que des préjugés qu'on exprime à l'encontre des deux sexes, afin d'apprendre à les reconnaître, de pouvoir agir contre ceux-ci. En tant qu'exemple pour les enfants, ces questionnements et prises de recul par rapport à nos propres préjugés sont importants pour éviter de forcer involontairement les enfants dans un rôle genré figé.

Déroulement :

1) Origine du projet

Puisqu'on entend souvent des conversations comme : « mais non, je ne suis pas une fille/garçon »..., l'idée pour le projet nous est venue de façon plutôt spontanée. Les enfants sont pour la plupart originaires de pays, où la répartition des rôles suit le schéma classique, celui de la mère au foyer et père chef de famille. : la mère s'occupe des enfants et de l'entretien de la maison, tandis que le père est considéré comme celui qui « génère de l'argent » et permet à la famille de subvenir à ses besoins, qui va au café après une dure et longue journée de travail. Nous avons aussi constaté que les filles sont encore très souvent éduquées en adéquation avec cette répartition classique des rôles. De plus, elles entendent souvent les gens leur dire que la formation scolaire n'est pas tellement importante, que finalement être maman et femme au foyer devraient leur suffire. Heureusement, nous entendons ce genre de propos de moins en moins dans les discours des parents et de leurs enfants, même s'ils persistent encore.

L'agent socio-éducatif a spontanément décidé, après avoir observé ce genre d'attitude et de discours chez les enfants, de réaliser une activité pour thématiser ce sujet et ainsi de sensibiliser les enfants à l'égalité des chances entre hommes et femmes.

2) Groupe de parole, première approche du sujet

Dans ce groupe de parole, nous avons demandé aux enfants de nous nommer des professions typiquement féminines et celles typiquement masculines et d'expliquer leurs choix.

3) En groupe, ensemble avec les enfants, nous avons choisi des images dans des magazines.

Après cette première confrontation avec le sujet, nous avons ensemble avec les enfants, choisi et découpé des images d'hommes et de femmes occupant un poste atypique ou réalisant une tâche classiquement considérée comme atypique, que nous avons trouvé dans des magazines pour enfants. En complément à ces images « professionnelles », nous leur avons demandé de découper également toutes les images qui illustraient des hommes, des femmes, des petites filles et des petits garçons en train de faire une activité qui serait atypique pour l'un ou l'autre sexe. Les enfants ont alors découpé des images de garçons jouant avec des poupées ou encore des filles ponçant une planche de bois. Finalement, on leur a demandé de continuer cet exercice à la maison, avec leurs parents, et de ramener les images sélectionnées en famille, pour en faire un poster.

4) Réalisation des posters

Pendant cette quatrième étape, nous avons rassemblé les images que les enfants avaient choisies avec nous et avec leurs parents et les avons collées selon le genre sur 2 grandes feuilles DinA3. Ensuite, les affiches ont été accrochées dans le vestiaire, où les autres enfants et parents ont accès, afin qu'ils puissent aussi découvrir le projet.

**Durée :****Préparation et mise en oeuvre**

Pour ce projet, nous avons eu besoin en tout de 6 heures, dont à peine une demi-heure pour la préparation. Le restant du temps a été employé pour planifier la mise en oeuvre des activités.

Impact**Assurer la visibilité du projet :**

Les parents des enfants qui ont participé à ce projet, ont été informés directement par nous de cette activité et priés de continuer à chercher des photos ou images à coller sur les affiches. Les autres parents ont pu découvrir le projet à travers l'affichage des travaux réalisés. Nous avons collé les affiches près du vestiaire puisque les parents y passent quand ils viennent récupérer leurs enfants. Ainsi, tout le monde a pu découvrir le projet.

Appréciation du projet :**Appréciation des enfants**

